PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 121 – September 2016

Pétange

MOTIVATION COMMUNE



An dëser Nummer:

Gemengerotssëtzunge vum 27. Juni an 11. Juli 2016

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 27 juin 2016

11 Gemeinderatssitzung vom 27. Juni 2016 (Zusammenfassung)

13 Compte rendu de la séance du conseil communal du 11 juillet 2016

26 Gemeinderatssitzung vom 11. Juli 2016 (Zusammenfassung)

28 Questions des conseillers communaux / Réponses du collège des bourgmestre et échevins

30 Changement des numéros téléphoniques de l'administration communale de Pétange

Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.000 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:

Administration communale de Pétange
b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

Rédaction et mise en pages:
Service des relations publiques de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 27 juin 2016

***Durée de la séance**: 15.00 à 16.45 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Absent et excusé:

Brecht Guy (LSAP)
Gonçalves Cátia (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Personnel: Démission volontaire d'une éducatrice diplômée - décision.
2. Enseignement musical: Ratification des contrats de travail avec plusieurs chargés de cours - décision.

Séance publique (15.15 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale: Démissions et nominations dans diverses commissions consultatives - décision.
5. Enseignement: Approbation du projet de l'organisation scolaire 2016/2017 - décision.
6. Propriétés
   - 6.1. Compromis avec M. Roger Niedercorn de Linger concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «Im Heidenbour» - décision.
   - 6.2. Contrat de bail avec M. Roger Niedercorn de Linger concernant un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «Im Heidenbour» - décision.
   - 6.3. Compromis avec la société DS GROUP SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange au lieu-dit «rue Jos Philippart» - décision.
   - 6.4. Compromis avec Mme Clémentine Sylvie Schmit de Lamadelaine concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «rue du Vieux Moulin» - décision.
   - 6.5. Compromis avec la société AGILIS SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange au lieu-dit «avenue Dr Gaasch» - décision.
   - 6.6. Compromis avec la société AGILIS SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange au lieu-dit «rue du Commerce» - décision.
   - 6.7. Compromis avec la société ALEXANDRE LOC SARL concernant l'acquisition de terrains sis à Pétange aux lieux-dits «avenue de la Gare» et «rue de l'Hôtel de Ville» - décision.

7. Economie: Devis concernant la viabilisation de trois parcelles et la réalisation du remblai technique dans la zone industrielle du PED à Rodange - décision.
8. Tourisme: Vote d'un crédit spécial pour frais d'études et premiers travaux concernant le Moulin de Lamadelaine - décision.
9. Vie associative: Nouveaux statuts coordonnés du «Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange» - information.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public la décision suivante:

Démission volontaire d'une éducatrice diplômée – décision:

La démission volontaire de ses fonctions d'éducatrice diplômée auprès de l'administration communale est accordée à Mme Closter Martine avec effet au 1er août 2016.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir wollten hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir iech eng traureg Nouvelle matzedeelen, déi awer déi meescht vun eis scho kennen. De leeschte Mëttwoch hu mer d'Noriicht krut, datt e laangjärege Frënd vun eis, de Gast Freymann, eis fir ëmmer am Alter vun 63 Joer verlooss huet. Hie war e Journalist, dee mat vill Engagement a mat vill Fachwëssen d'Diskussiounen an déi politesch Decisioune vun der Gemeng Péiteng – esou wéi och vun anere Gemengen – suivéiert a kommentéiert huet. Ech géif iech bieden, ee Moment opzestoe fir him ze gedenken. Mir wäerten hien als Frënd a gudder Erënnerung behalen.

Minute de silence

Dann hutt der eng Informatioun krut, datt op Grond vun dem Changement vun 2009, wou all Léierpersoun, déi am Enseignement fondamental schafft, vum Ministère respektiv vum Staat iwwerholl géif ginn. Déi lescht Damm, d'Madame Closter Martine, déi och als „éducatrice diplômée" an der „éducation précoce" an der Gemeng Péiteng geschafft huet, gëtt vum 1. August 2016 – esou wéi hir 3 Kolleginnen, bei deenen dat schonn am Viraus gemaach gouf – vum Ministère iwwerholl. Esou datt ab dem 1. August 2016 nach just eng Persoun vun der Gemeng Péiteng direkt ofhänkt, an dat ass den Här Kleren Henri, deen am „enseignement fondamental" täteg wäert sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir hutt vläicht gemierkt, datt mer zanter dem leschten Nationalfeierdag hei an der Gemeng e Cup-System hunn. Dat ass e System mat Becheren, déi erëm eng Kéier kënne gespullt a frësch gebraucht ginn. D'Iddi ass, fir all déi Plastiksbecheren ze eliminéieren an dovunner ewech ze kommen. Ech wollt just zwou kleng Informatiounen dozou ginn, well dat relativ séier elo komm ass an d'Veräiner nach net esou informéiert sinn a mir och nach net preparéiert si fir ze soen, wéi et elo weider geet.

Zur Historik: Viru 4 Joer ass schonn driwwer geschwat gi fir esou ee System ze maachen. Dat sollt am Ufank an de Kordall-Gemenge geschéien. Jidderee sollt dee selwechte System vun deem selwechte Liwwerant hunn. Dat ass awer an d'Bréch gaangen, well op eemol déi Sikorsfamill net méi zesummegehalen huet an Déifferdeng als éischt Gemeng „cavalier seul" gemaach huet. Duerno ass da Suessem nokomm an du Bascharage. Mir waren dunn hannendran als déi lescht Gemeng, déi dee System nach net hat. De Projet louch ganz laang um Pult. Haaptsächlech am Service vun der Ecologie ass dru geschafft ginn. Duerno ass et awer net méi virugaangen. A spéitstens an der Abrëll-Sëtzung vun der Perola – wou d'Generalversammlung war – huet d'Josette Conzemius sech opgereegt, datt mer nach ëmmer kee Cup-System hätten an datt d'Veräiner géifen drop waarden. A wa si jo eppes seet, dann ass dat jo eppes wéi e Befehl fir eis. Dunn hunn ech dat dann an de Grapp geholl an an eisem Service vun de Festivitéite gekuckt, ob mer Kreditter hätten. An déi Kreditter hate mer och bei den „acquisitions de matériel pour festivités". An dunn ass dat ganz séier kaf ginn an elo ass et do.

Fir den Nationalfeierdag ass dee System fir d'éischt probéiert ginn an d'Iddi ass jo awer net, datt d'Gemeng et eleng soll gebrauchen, mä d'Veräiner alleguerte sollen dovunner profitéieren. Dofir si mer un engem System am gaange mat schaffen, dee mer esou séier wéi méiglech wëllen op den Dësch vum Haus bréngen – wann et muss heihinner kommen – a wou mer einfach d'Reglement esou opstellen, ënner watfir Konditiounen een dat zur Verfügung gestallt kritt. Am Graffen ass et esou geduecht, datt mir als Gemeng déi éischt Acquisitioun gemaach hunn an datt mer déi och net weider facturéieren. Mä de Gebrauch dovunner vun de Veräiner misst awer vun hinne selwer gedroe ginn. Dat ass e Prinzip, wéi en och an aner Gemengen ass. Mir wëllen och net onbedéngt de Stockage an d'Livraisoun garantéieren, well mer dofir net equipéiert sinn. Mir sinn am gaange mam Haaptliwwerant ze kucken, an dee wëll eng Struktur hei am Süden – no bäi bei de Gemengen – opriichten, esou datt den Un- an den Oftransport méi kuerz dierft ginn an dann och méi bëlleg dierft ginn. Mir sinn am gaangen dat ze diskutéieren.

Vläicht schonn an der nächster Gemengerotssëtzung kéint ech méi Opschloss ginn, wéi d'Veräiner dann dat bei hire Fester kënne profitéieren. Ob alle Fall ass et geduecht, datt d'Gemeng net eleng dovunner profitéiert, mä d'Veräiner alleguerten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dann hat den Här Polfer gesot – an dat fannen ech eng gutt Initiativ - , datt hien eis gäre wéilt Informatiounen iwwer de Minett-Kompost ginn. Hien ass eise Vertrieder am Minett-Kompost, hien ass do am Comité an am Büro. Hien huet do Neiegkeeten an et wier interessant, wann hien dem Gemengerot déi Neiegkeeten och géif iwwermëttelen.

Polfer John (CSV):

Ech wollt e puer Wuert zum Minett-Kompost soen, wat an nächster Zukunft vun Ännerunge wäerte kommen. Beim Minett-Kompost ass – no laange Joren – en Ëmbau an eng

technesch Upassung vum Kompostwierk virgesinn. Et soll no neisten Erfahrungen eng besser Kompostéierung geschéie wéi bis elo. Wat awer elo net bedeit, datt haut de Kompost net gutt wier. De Syndikat huet fir säi Kompost de Qualitéitssigel vun der Bundesgütegemeinschaft kritt an de Syndikat hat och nach ni Problemer mat sengem Kompost. Duerch déi Erneierung verbessere sech awer och d'Aarbechtskonditiounen. Desweidere soll eng Produktioun vu Brennstoff – Pellets – vu Beem a Straicher nieft der Produktioun vu Biogas a Kompost entstoen. Dëst Holz kréie mer zum Beispill vun dem Sicona, de Ponts et Chaussées an der CFL, déi laut Gesetz Beem a Straicher, déi geschnidde musse ginn, net méi laanscht d'Strooss oder d'Bunn dierfe verbrennen. Dës Produktioun soll an de Projet vun der Erneierung vum Wierk integréiert ginn. De Präis vum Ëmbau an der Erneierung wäert bei ronn 13 Milliounen Euro leien. Hei huet de Ministère mam Här Camille Gira eis 67% Subsid zougesot. Desweideren hu mer no Verhandlunge mam Enregistrement 2,5 Milliounen Euro vun TVA erëmkritt. Am Hierscht iwwerhëlt de Syndikat d'Gerance vun der Minett-Kompost-Anlag, déi bis elo vun der Firma Sovacom gemaach ginn ass. All Mataarbechter ginn iwwerholl. Et sinn 9 Aarbechter „non qualifié", 11 Aarbechter „qualifié", 1 Aarbechter „artisan", 2 Techniker mat Bac, 2 Techniker mat Bac +3 an 1 Ingénieur, wat den Direkter ass.

No deem neie Peiesystem, wat de Comité eestëmmeg ugeholl huet, géif d'Gerance fir 2016 – dat heescht d'Bezuelen un déi Firma Sovacom – 1.171.000 Euro kaschten. D'Reprise awer vum Syndikat Minett-Kompost géif awer nach just 827.000 Euro kaschten. D'Estimatioun fir 2020 läit do bei 891.000 Euro. Hei wëll ech awer soen, datt vun der Beleegschaft keen en Cent manner kritt. Am Géigendeel, si gi besser bezuelt a gesinn – no enger festgeluechter Tabell – hir Verbesserungs- an Opsteigméiglechkeeten.

Ech – vu menger Säit – hoffe just, datt déi ganz Aarbecht vun där Gerance, déi op de Syndikat duerkënnt, net vill weider Ausgabe mat sech bréngt. Dat sinn déi puer Punkten, déi ech dem Schäffen- a Gemengerot wollt matdeelen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Polfer Merci fir déi Informatiounen. Ech mengen, do beweegt sech jo da Mueneches am Minett-Kompost. D'Struktur gëtt geännert an et ass scho wichteg, datt de Gemengerot och am Bild ass iwwer dës Ännerungen an eisem interkommunale Syndikat Minett-Kompost.

4.

Administration générale.

Démissions et nominations dans diverses commissions consultatives – décisions.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Il est pris acte de la démission d'office de M. Patrick Hahn comme membre de la Commission des Sports et des loisirs et de la Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique.

<u>Votes secrets:</u>

Avec 13 voix, la démission est accordée à Mme Laura Di Domenico comme membre de la Commission de la Jeunesse et de la Commission de la Surveillance de l'École de Musique.

Avec 13 voix, Mme Linda Di Domenico de Rodange est nommée nouveau membre de la Commission de la Jeunesse et de la Commission de la Surveillance de l'École de Musique.

Avec 14 voix, la démission est accordée à M. Cyrille D'Orazio comme membre de la Commission de la Jeunesse.

Avec 14 voix, Mme Chrystelle Brassine de Pétange est nommée nouveau membre de la Commission de la Jeunesse.

Avec 14 voix, Mme Chrystelle Brassine de Pétange est nommée nouveau membre de la Commission des Sports et des loisirs.

Avec 14 voix, M. Joe Gomes de Pétange est nommé nouveau membre de la Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique.

Avec 14 voix, la démission est accordée à Mme Gaby Birtz comme membre de la Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique et de la Commission des Finances, du budget et des règlements.

Avec 14 voix, Mme Marguerite Osch de Lamadelaine est nommée nouveau membre de la Commission des Relations publiques, Communications, Cérémonies et de la Promotion touristique.

Avec 14 voix, M. Guy Kauffmann de Rodange est nommé nouveau membre de la Commission des Finances, du budget et des règlements.

5.

Enseignement.

Approbation du projet de l'organisation scolaire 2016/2017 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Schoulorganisatioun, esou wéi se normalerweis ganz duerchgeholl gëtt, kënnt den 1. Oktober. Hei ass jo elo emol de „provisoire". Mir haten den 19. Abrëll eng Schoulkommissioun, wou déi heiten Organisatioun och ugeholl ginn ass. De 25. Abrëll war d'Klasseverdeelung, déi jo och schonn duerchgeholl ginn ass, esou datt mer haut méi oder wéineger eng „organisation scolaire provisoire" kënnen op den Dësch leeën. An zwar geet et esou:

Fir d'Rentrée 2016/2017 hu mer de Moment hei an der Gemeng 1.823 Kanner an der Primärschoul ageschriwwen. Déi si verdeelt op 7 Schoulgebaier. Wéi gesot, Ännerunge bei den Aschreiwunge kommen ëmmer nach. A wa mer d'Moyenne vun der Klass kucken, dann ass déi „in fine" awer net esou, wéi se elo hei um Pabeier steet, well ëmmer nach Kanner erausplënneren oder eraplënneren oder emol d'Schoulgebai wiesselen. Esou datt awer d'Klassemoyenne dauernd wiesselt.

Am Ganze ginn 2.865 Lektioune fir eis Schüler – vum Précoce bis an de Cycle 4.2. – ofgehalen. Zu Lamadelaine sinn dat am Ganze 448 Lektioune mat 25 Intervenanten. Do läit d'Klassemoyenne de Moment bei net grad 15 Schüler.

Speziell Lektioune fir d'Rollenger Schoul sinn 12 Lektioune fir de „cours d'accueil", 54 Lektioune fir „cours d'appui" an 12 Lektioune fir de „plan de réussite scolaire".

Zu Péiteng sinn am Ganzen 1.477 Lektioune geplangt mat 69 Intervenanten. D'Klassemoyenne läit do op den Dag vun haut bei 15,7 Kanner. Speziell Lektioune sinn 32 Lektioune fir de „cours d'accueil" an 188 Lektioune fir „cours d'appui".

Zu Rodange sinn et 940 Lektioune mat 46 Intervenanten an do läit d'Klassemoyenne bei ongefeier 15 Schüler. Do sinn 22,5 Lektioune fir „cours d'accueil" virprogramméiert an 110,5 Lektioune fir den „cours d'appui".

Wéi der gesitt, gëtt nach an all Gebai „cours d'appui" ofgehalen, fir eis Kanner ze ënnerstëtzen, déi wierklech Problemer hunn. Well ee jo muss bedenken, datt mer ganz vill auslännesch Kanner bei eis an der Gemeng hunn. Et sinn och nach ëmmer vill Kanner, déi eraplënneren an déi awer nach Hëllef brauchen, esou datt se wierklech deen Appui kréien, deen och gefrot ass.

D'Schülerzuel changéiert natierlech ganz oft. Et ass och erauszehiewen, datt zu Péiteng de Cycle 3.2. de Moment schonn eng Schülerzuel vun 18 Schüler pro Klass opweist. An am Cycle 4.1. si 17 Schüler an der Tabell. Am Cycle 4.2. geet dann awer d'Zuel erëm drastesch zeréck op 13. Dat ass ëmmer well ee gewësse Schüler huet, déi awer emol den Cycle 3.2. an 3 Joer maachen, wou dann einfach méi eng héich Schülerzuel ass an déi duerno dann erëm erofgeet, well déi Schüler dann éischter ofginn.

Zu Rodange läit den Cycle 1, den 3.2. an de 4.1. liicht iwwer der Moyenne, mat 16 bis 17 Kanner. Do musse mer – wéi gesot – ofwaarden, wat sech elo aus deem Ganzen ergëtt. Mä wa mer elo déi dote Klassemoyenne iwwer déi ganz Klassen hei an der Gemeng kucken, da mengen ech, datt mer de Moment ganz gutt leien.

D'Activités extrascolaires ginn natierlech a mussen natierlech och am Viraus autoriséiert ginn. Wann d'Exklusioun vun engem Schüler vun enger Klassefaart usteet, da muss den Inspekter ëm säin Avis gefrot ginn. Et geet net einfach, datt een e Kand ausschléisst ouni den Avis vum Inspekter. Dat muss kommentéiert ginn an et muss gekuckt ginn, ob dat wierklech de Fall muss sinn.

Mir als Gemeng offréiere jo och ëmmer gratis dënschdes an donneschdes nomëttes Hausaufgabenhëllef an deene verschiddene Schoulgebaier an der Gemeng. Dat ass haaptsächlech virgesi fir déi Kanner, déi net an de Maisons Relaise sinn. Well an de Maisons Relaise kréien d'Kanner jo Hausaufgabenhëllef. Mä e grousse Prozentsaz vun de Kanner ass awer nach net an der Maison Relais ageschriwwen an dofir bidde mir déi doten Hausaufgabenhëllef un. 10 Leit vun der Gemeng sinn déi betraffen Deeg dofir am Asaz a ginn och vun der Gemeng bezuelt.

D'Schnéiklasse ginn organiséiert vun der Asbl Schnéiklassen. D'Gemeng stellt déi néideg budgetär Zommen zur Verfügung an „à temps utile" kritt de Gemengerot den detailléierte Programm zur Ofstëmmung virgeluegt. Dat ass normalerweis ëmmer zum Enn vum Joer, wann d'Schnéiklassen erëm opgestallt sinn a mir wëssen, wéivill Kanner matfueren a wou se hifueren.

Den Cycle 4 geet all Joer am leschten Trimester an de Circulatiounsgaart. An deen Cycle fiert dann natierlech och duerno d'Coupe scolaire an deenen 3 Sektioune vun eiser Gemeng. Dat ass eng wichteg Aktivitéit, déi se maachen, well mir hätte jo och gären, datt eis Kanner mam Vëlo an d'Schoul kommen. An da fannen ech et och ganz wichteg, datt se am Circulatiounsgaart ganz genee ënnerriicht ginn, wat et mam Vëlo alles op sech huet, datt se op d'Geforen higewise ginn an datt se do léieren, wéi se sech am Verkéier solle behuelen.

All Klass huet een Dossier de classe. Dee gëtt Opklärung – esou gutt fir den Titulaire selwer wéi och fir e Remplaçant – wann Ännerunge kommen iwwer d'Fonctionnement vun der Klass an iwwer Schüler, déi méi Opmierksamkeet brauchen.

Beim Service médico-socio-scolaire ass eng Ännerung virkomm. Mir hunn an der leschter Sëtzung d'Madame Bianconi mat enger hallwer Tâche gestëmmt, a si soll ab dem 1. Juli an deen Departement mat eragoen, fir déi ganz Aarbecht, déi do ufält, mat deene ville Schüler déi mer hunn a fir déi Dossieren dann ze traitéieren. Well mir hu vill Dossieren an et ginn der net manner. Et ginn der an der Regel nach ëmmer méi.

Am Schülertransport hu mer och eng kleng Ëmännerung. D'Madame Thilmany hu mer eragestëmmt an d'Madame Delage huet hir Demissioun ginn. Mä déi aner Dammen, déi opgelëscht sinn, sinn nach ëmmer fir de Schülertransport dobäi.

Aner zousätzlech Ännerunge si keng am Anhang vun dëser Schoulorganisatioun dobäi. Esou datt ech mer denken, datt dat méi oder wéineger och esou bleift. Et weess een dat natierlech net, mä wann nach déi eng oder aner Ännerung bis den Oktober sollt kommen, da géife mer iech natierlech doriwwer an d'Bild setzen a mir géifen dat dann och duerch d'Schoulkommissioun huelen an och validéiere loossen. Mä de Moment – esou wéi d'Schoulorganisatioun virläit – mengen ech, wier se ganz gutt virbereet an ech géif iech och bieden, fir déi haut esou ze stëmmen.

Thein Joe (adr):

Bezüglech dësem Punkt géif ech d'Madame Conter gäre froen, éischtens emol, de Schülertransport Lamadelaine, existéiert deen an där Form wéi en och bei déi aner Schoulen exekutéiert gëtt? A wann net, wier et eng Iddi, fir dee vläicht anzefëieren, well jo och déi Rollenger Schüler gären d'Méiglechkeet hätten op e Bus, dee si bei hir Schoul féiert. Well eis ass eben zu Ouere komm, datt dat net de Fall wier.

Eng aner Fro ass, mir gesinn hei an deem ganze Listing verschidde Statistike mat den „nombre d'élèves". Et wier vläicht och interessant, wann een d'Statistik nach eng Kéier géif ënnerdeelen an och d'Elèven-Unzuel vun auslännesche Kanner kéint lëschten. Esou datt ee wierklech do eng Kéier kéint kucken, wéivill auslännesch Kanner do d'Majoritéits- oder d'Minoritéitsverhältnisser ausmaachen an dann eben och kucken – am Kontext vun der Préscolarisatioun – ob een déi net kéint iwwer d'Lëtzebuergesch Integratioun aschoulen, éier mer se an den Zyklus vun den normale Schoulweeër entloossen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Här Thein, de Moment ass nach net virgesi fir zu Lamadelaine e Schülerbus anzesetzen, ausser natierlech wa se Sport maache ginn, deen net kann zu Lamadelaine gehale ginn, oder si ginn an de PiKo schwammen. Well zu Lamadelaine ass de Radius net esou grouss, datt d'Kanner net kéinten zu Fouss goen.

Wann dat elo eemol de Fall wier, soe mer et wier ongefeier esou an der Gréissenuerdnung wéi eventuell zu Rodange, wou d'Kanner misste bis op d'Fonderie gefouert ginn, oder wéi hei zu Péiteng bei deene Kanner, déi op den Extremitéite wunnen, da ginn déi selbstverständlech gefouert. Et ass natierlech en Service, dee mer ubidden an deen an anere Gemengen net deementspriechend ass a wou d'Kanner nach mussen zu Fouss lafen.

Fir elo drop hinzegoen an déi auslännesch Kanner statistesch opzelëschten, esou wësse mer, datt 49 bis 50% auslännesch Kanner bei eis an der Gemeng wunnen. Et si

ganz vill Kanner. Mir kënne rechnen, datt ongefeier eng 54% vun de Kanner an eise Schoulen auslännesch Kanner sinn. Déi gi jo och duerch den Appui an duerch „classes d'accueil" extra betreit. Ech mengen, d'Elteren hu jo och déi Fräiheet fir d'Kanner kënnen an d'Maison Relais anzeschreiwen, wou se jo och nach mat den Hausaufgaben extra gehollef kréien, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt. D'Kanner kënnen och an de Précoce ageschriwwe ginn, wou och Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Mir hale jo ëmmer drop, datt eist Personal, wat mer hunn, Lëtzebuergesch mat de Kanner schwätzt. Ech mengen, dat ass scho ganz vill wat mer fir déi auslännesch Bevëlkerung kënne maachen. Mir kënnen se natierlech net forcéieren, wa se net wëlle kommen, mä d'Diere stinn hinne selbstverständlech op fir déi Servicer, déi mer ubidden.

Gira Carlo (CSV):

Et ass sécher ze begréissen, datt déi Schüler, déi an eise Klasse sinn an déi Hëllef brauchen, déi Hëllef kréien. Ech wollt dozou froen, op eis Chiffere géife virleien, wéi di Spezialstonne sech géifen entwéckelen, ob et do eng Augmentatioun an ob do iergendwéi eng Ënnerlag virläit, wéi sech dat an deene leschte Joren entwéckelt huet.

Da wollt ech och wëssen, wéi héich de Prozentsaz ass vun deene Schüler – oder vun deene Kanner – déi an de Précoce ginn, vis-à-vis vun deene Kanner, déi am Fong geholl kéinten dohinner goen.

Da wëll ech awer nach zu deem bäifügen, wat gesot ginn ass zu den auslännesche Kanner. Wa mer esou eng Statistik géifen aféieren, da géif ech awer och gären aféieren, datt ee kuckt, wat fir Kanner direkt aus dem Ausland heihinner kommen a wat fir Kanner hei gebuer sinn. Ech mengen, do muss een awer ganz kloer ënnerscheeden, ob dat Kanner sinn, déi heihinner kommen an d'Sprooch net schwätzen oder ob et Kanner sinn, déi scho mat der Sprooch opwuessen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Fir op Är éischt Fro ze äntweren, déi iwwer d'Classes d'accueil, esou hate mer d'lescht Joer esouguer nach eng weider Klass gefrot, mä mir hu se vum Ministère net gestatt kritt. Mir hu se dëst Joer och net gestatt kritt. Mir sinn awer am gaangen ze kucken, ob mer net nach méi Appui kënnen an d'Schoulen erakréien. Mir hunn es jo scho ganz vill. Et hänkt natierlech jo och ëmmer ganz vill dovunner of, ob d'Kanner och ginn oder ob se net ginn. Wann d'Elteren se net schécken, da kënne mer natierlech näischt maachen.

Dann zu den auslännesche Kanner. Et ass ëmmer e bësse schwiereg, fir de Moment de Prozentsaz vun den auslännesche Kanner ze soen, well mer jo nach net wëssen, wien nach an d'Gemeng eraplënnert. Déi Kanner, déi hei sinn, erfaasse mer. Déi Statistike kann ech nofroen an iech déi eng Kéier ginn. Mä wat elo nach kënnt, dat wësse mer net ëmmer esou. Dann ass et och ëmmer ganz schwiereg bei deene Kanner, déi hei schonn opwuessen, well mer net wëssen, ob se doheem Lëtzebuergesch schwätzen oder net. Ech mengen, datt ass jo och heiansdo eng Barrière. Dir hutt heiansdo Kanner, déi schwätzen – ausser an der Schoul mat hire Frënn – kee Lëtzebuergesch, well esoubal se doheem sinn, gëtt erëm Portugisesch geschwat. Haaptsächlech Portugisesch, well mer jo eng méi héich Populatioun vu portugisesche Leit bei eis an der Gemeng hunn. An do ass dann ëmmer erëm dee Volet, déi Kanner, déi behalen och ëmmer e bësse méi Schwieregkeeten. Well se net kontinuéierlech déi Lëtzebuerger Sprooch schwätzen. Wann dat duerchgehend géif geschwat ginn, da wier dat vill méi einfach. Mä dat ass net ëmmer de Fall. An dofir ass et och vill méi schwéier.

Et ass jo awer esou, wann déi Leit hir Kanner vu klengem un an de Précoce schécken, oder d'Kanner an enger Crèche hunn éier se iwwerhaapt an d'Schoul ginn, dann hu si et scho méi einfach. Et wier natierlech nach ëmmer vill besser, wa se vun doheem och géifen ugehale gi fir och doheem Lëtzebuergesch ze schwätzen. Mä et sinn einfach ganz vill Elteren, déi et net schwätzen, an dofir musse mer do ofwaarden. Mä Statistike kann ech iech ufroen an iech se noreechen.

Beim Précoce ass ongefeier en Drëttel vun deene Kanner ageschriwwen, déi kéinte goen. Mä mir hunn der ganz vill, déi an de Crèchë sinn. Well et ass gewosst, datt d'Kanner kënne bis 4 Joer an de Crèchë sinn an dofir sinn einfach ganz vill Leit, déi op d'Crèchen zeréckgräifen, well se dee ganzen Dag schaffen an hir Kanner do dee ganzen Dag betreit kréien. Wat am Précoce bei eis de Moment nach net de Fall ass. Mir sinn zwar schonn ugeschwat ginn, fir och kënnen de Précoce auszeweiten. Mä mir musse ganz genee wëssen, wa mer de Précoce wëllen ausweiten, datt mer méi Raimlechkeete mussen hunn, méi Personal brauchen an datt dann deen zweete Volet hannendru kënnt, datt d'Kanner och dee ganzen Dag solle betreit ginn. An de Moment si mer einfach nach net esou wäit fir deem kënne gerecht ze ginn.

Et kënnt vläicht nach eemol, loosse mer emol ofwaarden. Mä de Moment ass de Précoce jo och nach op fräiwëlleger Basis an dofir wëlle mer emol nach ofwaarden.

Gira Carlo (CSV):

Ech hu grad dowéinst drop higewisen, datt et ebe gefeierlech ass fir einfach ze soen, mir hu Statistike vun Auslänner an Net-Auslänner. Och tëscht deenen – wéi der selwer gesot hutt – ginn et nach grouss Ënnerscheeder. An ech mengen, wann een esou Statistike wëll féieren, da muss een déi vill méi wäit féieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, do misst een da scho ganz an d'Famill eragoen, wat och ganz schwiereg ass. An ob een do eng Äntwert kritt, dat sief dohinnergestallt.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Propriétés.

Compromis avec M. Roger Niedercorn de Linger concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «Im Heidenbour» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 2 hectares 26 ares et 50 centiares se fait au prix total de 135.900 euros.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. Roger Niedercorn de Linger concernant un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «Im Heidenbour» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Le prix de location du terrain d'une contenance de 2 hectares 26 ares et 50 centiares est fixé à 226,50 euros par an.

Approbation à l'unanimité.

6.3.

Propriétés.

Compromis avec la société DS GROUP SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange au lieu-dit «rue Jos Philippart» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Stoffel Marco (LSAP):

Sinn dat just Trottoiren, déi mer do kréien, oder ass et och nach zousätzlechen Terrain fir do nach eppes ze maachen? Well um Plang gesäit een dat net kloer eraus.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Trottoire gehéiert eis schonn. Dat hei ass zousätzlechen Terrain, deen eis d'Méiglechkeet gëtt – wa mer dat da wëllen a wann de Gemengerot dat dann och approuvéiert – fir vläicht do fir d'Bussen eng Aschneidung ze maachen a wou dann och eng Bushaltestell kann amenagéiert gi virun där Residenz, déi do entstoe wäert. Dat géif eis och d'Méiglechkeet ginn, fir an der Philippart-Strooss besser laanschteneen ze kommen.

Approbation à l'unanimité.

6.4.

Propriétés.

Compromis avec Mme Clémentine Sylvie Schmit de Lamadelaine concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine au lieu-dit «rue du Vieux Moulin» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

6.5.

Propriétés.

Compromis avec la société AGILIS SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange au lieu-dit «avenue Dr Gaasch» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wa mer déi puer Zentiar ëmmer iwwerhuelen, bei deene Residenzen, déi gebaut ginn, da gi mer jo och ëmmer d'Autorisatioun fir datt se kënnen hire Schantjen op d'Strooss setzen. Dat heescht, den Trottoire gëtt jo zum Deel opgerappt a futti gemaach. Geet dann ee vun eisen Servicer op d'Plaz kucken, ob dat alles erëm esou gemaach ginn ass wéi et soll, ier mer dat iwwerhuelen? Oder gëtt dat einfach esou iwwerholl ouni datt ee vun eisen Servicer op d'Plaz kucke war?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et sinn eigentlech zwee puer Schong. Dat eent ass effektiv eng Cessioun an dat anert ass de Schantje selwer, wou mer eng Autorisatioun gi fir drop ze bauen a wou mer och duerno drop halen, datt – wann e Schantjen op deem Site installéiert gëtt – mer och dat an den urspréinglechen Zoustand zeréckversat kréien, respektiv och do, wou keen Trottoire ass, en Trottoire geschaaft gëtt.

Esou datt do ganz oft, am Kader vun der Baugenehmegung, Obligatiounen op de Promoteur zoukomme fir dat erëm an d'Rei ze setzen. Datt dat net ëmmer geschitt, wësse mer a mir hunn deen een oder anere Problem. An et kann och sinn, datt mer bei deem engen oder aneren Dossier de Gemengerot mat esou Fäll saiséiere fir ze kucken, ob mer net awer emol géint deen een oder anere Bauhär geriichtlech solle virgoen. An dat fir och no baussen ze weisen, datt mir als Gemeng eis och net grad bei Allem gewäerde loossen. Mir hunn zwee, dräi Fäll, wou mer am gaange si ganz schaarf mat deenen ze diskutéieren. A mir kucken, wéi dat ausgeet. Mä et ka ganz gutt sinn, datt mer iech eng Kéier an Zukunft mat esou engem konkrete Fall confrontéieren an dann ass et um Gemengerot fir ze decidéieren, ob mer eis dat einfach esou bidde loossen an et akzeptéieren, oder ob mer net eng Kéier emol en Exempel statuéieren a soen, mat där Saach do si mer net averstanen.

Mä dir hutt Recht, wann duerno de Schantje fäerdeg ass, dann ass duerno kee méi concernéiert. A wa mer laang gestridden hunn, dann ass d'Firma och nach Faillite an da pake mer mat eisen Argumenter an. An dat ass sécherlech net dat, wéi mir eis et och selwer virstellen. An dofir si mer och elo méi séier dru fir déi Compromisen ze maachen, fir déi Engagementer vun deenen eenzele Promoteuren ze kréien. Net datt se den Terrain weiderverkafen un déi eenzel Coproprietairen an da ginn d'Diskussiounen eréischt richteg lass. An dofir si mer elo direkt do um Ball fir do bäizebleiwen.

Approbation à l'unanimité.

6.6.

Propriétés.

Compromis avec la société AGILIS SARL de Lamadelaine concernant l'acquisition de terrains sis à Rodange au lieu-dit «rue du Commerce» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

6.7.

Propriétés.

Compromis avec la société ALEXANDRE LOC SARL concernant l'acquisition de terrains sis à Pétange aux lieux-dits «avenue de la Gare» et «rue de l'Hôtel de Ville» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

7.

Economie.

Devis au montant de 1.700.000 euros concernant la viabilisation de trois parcelles au niveau de la zone industrielle du PED à Rodange et vote d'un crédit spécial de 200.000 euros - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Wat laang dauert, kritt endlech elo Form. Nodeem mer schonn eng Kéier hei en Devis gestëmmt hu fir de Grand Bis vu ronn 17 Milliounen Euro, kënnt elo nach eng zweet „zone industrielle" dobäi. Et ass dat um PED dat Stéck tëscht dem Rond-point „Porte de Lamadelaine" an der belscher Grenz, op der lénkser Säit. Et sinn Terraine vu ronn 5,22 Hektar, déi de Moment dem Staat gehéieren an déi elo sollen iwwer de

Sikor, mat der Gemeng zesummen, nei belieft ginn a viabiliséiert ginn.

Do ass d'Prozedur déi, datt do en Devis opgestallt ginn ass vun 1,7 Milliioune fir de „remblai technique" ze maachen an déi néideg Infrastrukturen eranzezéien. Et soll d'selwecht fonctionnéiere wéi beim Grand Bis, datt do de Sikor am Fong geholl d'Konventioun mam Staat mécht iwwer den „droit de superficie". Déi Konventioun ass ënnerwee, si ass de 14. Juni scho vum Ministère de l'Economie un de Ministère des Finances geschéckt ginn, an se misst an deenen nächsten Deeg hei antrieden. De Sikor selwer huet de 24. Juni – an dat war de leschte Freideg – eng „décision de principe" geholl, wou en den Devis scho begutachtet huet an doniewent och festgehalen huet, datt en d'Gemeng Péiteng géif froe fir de Maître d'ouvrage ze gi fir déi Aarbechten um Terrain auzeféieren. Als Géigepartie engagéiert de Sikor sech dann, fir déi Suen, déi do gebraucht ginn, virzestrecken an der Gemeng hir Suen erëmzebezuelen. Déi Suen, déi do virgestreckt ginn, ginn zu 85% vu Staat erëm eng Kéier un de Sikor rembourséiert an déi aner 15% ginn ënner deene 4 Gemengen, déi am Sikor sinn, opgedeelt.

Dat ass dat, wat bis elo gelaf ass a wou och geschwënn – huelen ech un – déi néideg Aarbechte scho lass ginn. Well de PED schéngt méi séier ze realiséieren ze si wéi de Grand Bis, well bei deem si mer scho méi laang am gaangen. Et sinn zwar nëmmen 3 Parzellen, déi do um PED entstinn, mä déi sollen awer elo méi séier komme well d'Prozedure scho praktesch ofgeschloss sinn. À moins, datt elo erëm eng Kéier een iergendeppes fënnt. Et ass nach net alles ënnersicht ginn. Mä viraussiichtlech ass et esou, datt am nächste Joer scho kéint ugefaange gi mat bauen.

De „remblai technique" ass scho virgesi fir dëst Joer ze maachen, esou datt mer als „maître d'ouvrage" als Gemeng vum Sikor gefrot gi si fir den Devis hei ze approuvéieren an och schonn e gewëssene Kredit virzegesinn, dee scho kéint dëst Joer gebraucht ginn. An déi Zomm schätze mer op 200.000 Euro.

Gira Carlo (CSV):

Wann ee kuckt, da gëtt hei relativ vill Plaz versigelt. Ass et do net méiglech, fir Kompensatiounen ze maachen? Ech denken do, fir op mannst d'Parkplazen esou ze gestallten, datt do d'Waasser kann offléissen an och eventuell drun ze denke fir d'Diech ze begréngen.

Breyer Roland, Schäffen:

Do ass dru geduecht ginn. Et ass esou, datt mer ënner d'Reglementatioun vun der Gemeng falen, wat d'Constructioun ubelaangt. Mir sollen dat zesumme kucken. Et ass am Fong geholl kee spezielle PAP, deen do extra fir déi Saache gemaach gëtt, mä mir hunn awer och schonn am Sikor dru geduecht fir ze kucken, fir d'Parkplazen e bëssen ëmweltfrëndlech ze gestallten. Op jidder Fall muss et esou gemaach ginn, datt net ze vill an de Buedem asickert. D'Waasser muss gefaange ginn, well ënnendran alles polluéiert ass. Dat Grondwaasser muss conservéiert ginn an et dierf net vermëscht gi mat deem neie Waasser. Dat ass emol dat eent.

Bei deene gréngen Diech ass d'Diskussioun gewiescht, datt ee mat de Promoteure kuckt fir dat ze realiséieren. Esouguer Diech, wou een eventuell Solarzelle kéint dropsetzen a Stroum produzéieren. Déi Saache sinn alleguerte mat an d'Gedanken opgeholl ginn an dat soll och elo probéiert gi fir ze maachen. Et ass jo och esou, datt – wann een iwwer déi Passerell op Rodange fiert – da kuckt een e bëssen op déi Zone eriwwer. An et wier flott, wann net einfach steril Hale géifen dohinner kommen, mä e bëssen eppes, wat och fir d'Aen e bësse gutt wier. An och net fir d'Aen ganz eleng, mä och fir d'Ëmwelt am grousse Ganzen.

Wéi gesot, un déi Saachen ass geduecht ginn an esou séier wéi do déi néideg Kontakter etabléiert sinn an d'Konventioune stinn, wäert och dorunner geschafft ginn.

Gira Carlo (CSV):

Do si jo och déi Basenge virgesinn. Ass och dru geduecht gi fir déi esou ofzedichten, datt dat Waasser och net kontaminéiert gëtt? Well esou wäit ech weess, gëtt dat och direkt an d'Kor ofgefouert.

Breyer Roland, Schäffen:

Et gëtt esou gemaach, datt praktesch e Sarkophage ronderëm déi Terraine gezu gëtt. D'Grondwaasser gëtt separat behandelt, et gëtt kontrolléiert. An all dat anert Waasser gëtt duerch en Drainage opgefaangen a geet iwwer d'Basengen direkt an d'Kor.

Et steet an deem Devis nach e Präis vu 400.000 Euro dran, wat eventuell d'Kanalisatiounen ubelaangt. Déi sinn do op der Plaz. Déi 400.000 Euro sinn awer nëmmen noutwenneg, wann do Firmae sollten hikommen, déi relativ vill Waasser produzéieren. Den Emile Weber et Fils wäert sécher mat senger Sucursale hei zu Péiteng – fréier Simon Tours - dohinner kommen. A wann deen – als Beispill – seng Bussen op der Plaz wäscht mat enger Wäschanlag, da kënnt natierlech zousätzlech Waasser dobäi. An da misst gekuckt ginn, ob dee Kanal net misst méi grouss gemaach an nei geluegt ginn. Dofir sinn déi 400.000 Euro virgesinn. Anerefalls wieren déi awer net noutwenneg.

Becker Romain (déi gréng):

Ech wollt just dat selwecht froen. Ech wollt froen ob et méiglech ass fir op déi grouss Hale Fotovoltaikanlagen drop ze maachen, fir datt déi grouss Halen net einfach notzlos do stinn. Dir hutt jo schonn d'Äntwert elo ginn. Dat gëtt an d'A gefaasst an ech hoffen, datt dat dann och kéint esou realiséiert ginn. Well ech denken net, datt do Schiet oder relativ vill Schiet wier an doduerch wier et ideal, virun allem, well et esou grouss Fläche sinn.

Eng aner Fro, déi ech dann hätt, betrëfft déi Kaart, déi mer hei geliwwert kruten. Dat ass relativ witzlos, well an der Legend huet d'Surface verte déi selwecht Fuerf – näämlech wäiss - wéi d'Voirie en béton asphaltique. Do fanne mer net eraus, wou d'Surface verte ass a wat d'Voire en béton asphaltique ass. Dofir wollt ech froen, wéivill Surface verte op deem Terrain sollt sinn. Ob dat ronderëm ass, ob dat bannenan ass, wéi et soll ausgesinn an och virun allem – wat den Här Gira virdrun ugeschwat huet – datt d'Parkplazen esou mann ewéi méiglech solle versigelt ginn, wuelwëssend, datt jo anscheinend och nach de Buedem kontaminéiert ass. Mä do wäert awer wahrscheinlech eppes méiglech sinn?

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass méiglech, awer net alles. Leider! Et ass esou, datt an der Konventioun, déi de Staat eis virleet – nodeems déi eenzel Ministèren hiren Avis ofginn hunn – drasteet „aménagera 10% au moins du terrain faisant l'objet de son droit de superficie en zone de verdure à couvrir d'arbres et d'arbustes indigènes". Dat ass d'Konditioun, déi drasteet an deem Kontrakt. Méi wäert héchstwahrscheinlech och net méiglech sinn. Beim Grand Bis ass et jo och mat 10% ugedeit ginn. Do mussen esouguer d'Beem a Backe gesat ginn. Hei kënnen se an de Buedem kommen, well hei net esou eng kontaminéiert Fläch ass a se och net iwwerall kontaminéiert ass. Hei ass nëmmen „partiellement", wou kontaminéiert ass. 10% sollen op alle Fall Gréngfläche sinn.

Déi aner Saach, vun der Fotovoltaik, ass diskutéiert ginn. A wann dat sollt kommen, da kënne mer eventuell en innovative Projet do developpéieren. Zum Beispill mat der Bedeelegung vun der Populatioun, wou mer eng Gesellschaft an d'Liewe ruffen a wou all Mënsch sech dierf Aktie kafen, oder hei an do. Also, et ass emol an deem Sënn haart geduecht ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Dat war en nächste Punkt, wou ech wollt drop hiweisen, ob et dann net méiglech wier, fir do eng Aart Cooperative ze maachen, wou d'Leit sech kéinten akafen. Well déi Fläche géife sech ubidde fir esou eppes ze realiséieren.

Eng aner Saach sinn d'Betriber. Dir hutt elo ee genannt. E Betrib aus der Gemeng, deen dohinner kënnt. Wat kënnt nach dohinner? Wësst dir méi?

Breyer Roland, Schäffen:

Et wäert alles am selwechte Genre sinn. Et ass esou, datt mer vum Ministère aus gefrot gi fir déi Betriber opzefänken, déi si versichen ënnerdaach ze kréien. An déi Zone ka jo nëmmen ënner gewëssene Konditioune regionaliséiert ginn, wa mer gewësse Betriber do ophuelen. Wat fir ee Genre kënnt dohinner? Dat ass an der Logistik. Weber et Fils ass een, dee sécher wäert do sinn. Dat wäert deen éischten Terrain sinn, deen direkt nom Lycée ass. Et sinn nach keng Kontrakte geschriwwen, mä d'Kontakter sinn awer do, mat „John Driege", dat ass en Transporteur. An deen Drëtten ass „E-Trans", dat ass een „transporteur frigorifique". Déi maachen dann deelweis Halen dohinner, an déi komme mat enger gewëssen Unzuel vu Gefierer op de Site bäi. Si hunn alleguerten e separaten Uschloss op de PED, dat gesäit een um Plang. Dat ass och mat de Ponts et Chaussées a mam Ministère ofgeschwat. Si wäerten awer dee Rond-point e bësse belaaschten, dat wäert net ausbleiwen. Gott sei Dank fueren déi awer net zu deene Spëtzestonnen, wou déi normal Autoe fueren. Si fueren heiansdo éischter fort a komme méi spéit eran. Mä et wäert eng weider Belaaschtung ginn. Op där aner Säit kréie mer awer och Aarbechtsplazen dann heihinner, déi nach net ze chiffréiere sinn, mä déi awer mat 100 ee Minimum géifen duerstellen.

Becker Romain (déi gréng):

Well et jo lauter Transportentreprisë sinn, well et jo Betriber aus dem Logistik sinn, hat ech och dru geduecht, datt et e Surplus u Verkéier géif ginn, virun allem an deem ganzen Eck a virun allem och an deem Rond-point. Dir sot, déi fuere wahrscheinlech net zu Spëtzestonnen, mä mir kënnen elo net hei soen, wéini se mat hire Camionen erausfueren, respektiv erëmkommen, wéini se mat hire Bussen erausfueren, respektiv erëmkommen. Dat ass net glécklech, datt et lauter esou Betriber sinn, lauter Transportbetriber sinn, well dat einfach e Surplus u Verkéier gëtt a wahrscheinlech gëtt et och nach ronderëm de Lycée e Surplus u Kaméidi, denken ech.

Breyer Roland, Schäffen:

De Ministère schafft un enger Modifikatioun vun der ganzer Avenue de l'Europe. Mir sinn nach net genee am Bild, wat do leeft, mä mir hunn an den Diskussioune matkritt, datt versicht gëtt fir méi eng Fluiditéit a méi eng Sécherheet dran ze kréien, haaptsächlech beim Rond-point Porte de Lamadelaine. Wat genee ass, ob et dee laang ersehntenen Tunnel wäert sinn – an dee mir eis géife wënschen, mä deen awer héchstwahrscheinlech ze deier ass an ni wäert realiséiert ginn – an deen technesch méiglech ass oder eppes aneschters, wësse mer nach net. Mä op alle Fall soll dee Projet geschwë sprochräif sinn. Et gëtt geschwat, datt mer am Hierscht e bësse méi doriwwer gewuer ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Dann zu der Kontaminatioun. Do si jo Prouwe gemaach ginn. Dir sot, datt de Buedem net iwwerall d'selwecht kontaminéiert ass. Wéi gesäit et dann aus? Muss dann eppes ofgedroe ginn? Well am Devis steet jo „matériaux de terrassement contaminés" an da muss d'Entreprise sech drëm këmmere fir se ze dechargéieren. Do rechnen se mat 425 m^3. Geet dat elo domatter duer? Oder entdecken se elo nach Saachen? Si si jo schonn am gaangen ze schaffen, hunn ech gesinn.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Prouwe sinn am gaange gemaach ze ginn. A si sinn am gaangen ze egaliséieren. Et ass esou – well et an der Prozedur scho relativ wäit fort ass a wa mer elo eisen Accord ginn, datt d'Suen do sinn – datt dann déi éischt Aarbechte scho geschwë kënnen ufänken. D'Prozeduren – wat d'administrativ oder d'technesch Prozedure sinn – sinn ofgeschloss. Et ass och Gott sei Dank en Entrepreneur fonnt ginn, deen elo d'accord wier, fir héichwäerteg Decheten dohinner ze bréngen, déi just géifen dohinner passen. Wann een d'Chance huet, fir dat richtegt concasséiert Material ze kréien, da soll ee vun där Geleeënheet profitéieren, ëmsou méi, wann et näischt kascht. Dat ass den Deal, deen am gaangen ass verhandelt ze gi mat deem Entrepreneur. An de Ministère ass och interesséiert – haaptsächlech wat Weber et Fils ubelaangt, fir déi relativ séier do ze logéieren.

Becker Romain (déi gréng):

Ech soen iech Merci. Wéi gesot, mir géife wënschen, datt mer awer dohannert bleiwen, virun allem wat d'Fotovoltaik an eng eventuell Cooperative ugeet. Mir géifen eis wënschen, datt dir dat net aus den Hänn loosst.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass op alle Fall am Sikor ugedeit an ugeschwat ginn. An esou séier, wéi mer elo e bësse „feu vert" hunn, wäerte mer dat verdéiwen.

Accord à l'unanimité. M. Stoffel Marc, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.

Tourisme.

Vote d'un crédit spécial de 50.000 euros pour frais d'études et premiers travaux concernant le Moulin de Lamadelaine - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir huele lauter al Kamellen haut eraus, déi awer lues a lues e bësse méi konkret ginn. D'Rollenger Millen ass och schonn op mannst 10 Joer an der Diskussioun. D'Rollenger Millen – fir nach eng Kéier den Historique ze maachen – gehéiert dem Staat, ass kaf gi vum Staat, vum Ministère de la culture, an ass bis elo vu „Sites et monuments" e bëssen a Stand gehale ginn, oder vun hinne ronderëm gebotzt ginn. Ee Moment war d'Demande vum Ministère de la culture – deemools nach ënner der Madame Hennicot-Schoepges, dat ass schonn e bësse méi laang hir – ob d'Gemeng Péiteng sech net kéint virstelle fir déi Millen an de Grëff ze huelen an do Aktivitéiten dran ze developpéieren.

Mir hunn eis dohinner gesat an ugefaangen, dorunner ze schaffen. Mir hunn och lénks a riets Kontakter opgeholl an et ass dorausser e socio-pädagogesche Projet entstanen, dee liicht touristesch och kéint ugehaucht sinn. Et war einfach, fir den Naturklassen, déi de Moment zu Lasauvage sinn, d'Méiglechkeet ze gi fir eppes aneschters emol ze

studéieren. An et ass du gekuckt ginn, fir déi Millen eventuell esou a Stand ze setzen, datt déi Schoulklassen, déi Kanner aus der Gemeng an och vu baussen, kéinten déi Mille besiche goen a géife gewise kréien, wéi esou eng Mille kéint dréinen. Ouni awer Miel ze muelen, well dat technesch net méi méiglech ass. Eventuell kéint een donieft och e „jardin des céréales“ uplanzen, wou een dann déi eenzel Zorte kéint kucken a fir esou d'Kanner och erëm méi no un d'Origine vun engem Brout ze bréngen an d'Méiglechkeet och ze ginn, fir an der Mille selwer emol e Brout kënnen ze baken an dat och do ze genéissen.

Dat war den Ursprongsprojet. An du sinn d'Diskussioune lass gaange mam Ministère fir ze kucken, wie wat mécht. De Ministère huet op Grond vun engem Plang, dee gemaach war ginn, gewësse Saachen ëmgebaut. Mir hunn och scho Suen dran investéiert fir dat esou konform ze maachen. An et ass op eemol d'Affaire vun der Sécherheet komm, well hannenaus bei der Millen e Weier ass. E Weier, deen d'Waasser opfänkt vun deenen anere Weieren, vun der Maragole, an deen d'Waasser eriwwerleed fir d'Rad ze bedreiwen. An dee Weier ass en Naturweier gewiescht an deen huet déi Nodeeler, datt en net befestegt ass an datt en och nach – just ier mer wollte lass fuere fir de Projet méi genee ze maachen – gebascht ass an do en Duerchbroch hat. Esou datt de Staat erëm huet misste säi Weier flécken an a Stand setzen.

Duerno ass d'Affaire vun der Sécherheet komm. Wa Kanner do sinn, da wéilten se gären eraus spille goen. Et war och geduecht, fir eng kleng Grillplaz hannenaus ze maachen a wou d'Kanner sech kënnen ophalen. An da muss dat esou ofgeséchert sinn, datt – wann do gären ee klotert oder spillt – deen net an de Weier fält. Et ass dat jo – wéi gesot – en Naturweier. An do war den Här Conter, Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique, wéivill mol op der Plaz, mat eis zesummen, an de Buergermeeschter war mat dobäi, a mir hunn dann do diskutéiert, wat mer dann do misste maachen. An hien huet gesot, datt et muss esou ofgeséchert ginn, datt keen dra ka falen an datt net duerno eng Responsabilitéit op d'Gemeng – als Locataire – entsteet.

Do si gewësse Mesuren ugedeit ginn, déi awer ni konkret formuléiert gi sinn. Dat heescht, esou datt deen Dossier ëmmer do louch a gesot gouf, datt mer missten eppes maachen. Mä wat ass dat, wat mer musse maachen, fir datt d'Inspection générale de la Sécurité dans la Fonction publique dat unhëlt? Dat ass ni konkret formuléiert ginn, esou datt mir do eng Initiative geholl hunn an den 2. Mee dem „Sites et monuments“ geschriwwen hunn, wou mir soen, datt mer anscheinend net viru komme well mer keng Kloerheet iwwer d'Securitéit kréien. Mir wëllen eis awer elo net de schwaarze Péiter do siche goen. Da maacht dir mat der Millen esou eppes wéi am Café „Bei der Giedel“. Si sollen dat an de Grapp huelen an en neien Exploitant sichen oder en neie Locataire.

Doropshin huet awer den Direkter vu „Sites et monuments“ eis gesot, datt gewësse Saachen dobaussen ze maache wieren, déi kéinten duerch eng spezialiséiert Firma festgehale ginn. An den Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique huet gesot, huet sech ausgedréckt, datt – wann dat esou géif gemaach gi wéi déi spezialiséiert Firma dat virgesinn hätt – hie sech dann och domatter kéint identifizéieren, datt dat géif genuch si fir déi Sécherheet vun de Kanner ze garantéieren.

De Ball ass also hin a hirgespillt ginn. Et ass e bëssen en épineusen Dossier, well keen eng Responsabilitéit wollt kloer nidderschreiwen. E Weier a Kanner ass ëmmer eng Gefor. Waasser ass ëmmer faszinant. A mir sinn eis dann eens ginn, datt mer gesot hunn, komm, mir ginn erëm eng Kéier un den Dossier erun, mir kucke fir dat esou ze securiséieren, datt alles ronderëm an den Alentoure fachgerecht ass an datt do – wa méiglech – näischt geschitt.

De Staat selwer – Sites et monuments – huet bannen déi Mesurë gemaach, déi si an der Securitéit hu misse maachen. Déi hu si scho gemaach a si waarden elo drop, datt d'Gemeng dann och weider mécht. Mir sinn dann d'accord fir dee Projet erëm eng Kéier opzegräifen, wa mer déi néideg Suen hätten. Dofir hätte mer gäre 50.000 Euro an de Budget geschriwwen, fir déi néideg Etuden an déi néideg „mesures de sécurité“ baussen ze maachen. A wann dat dann alles realiséiert ass an et ass vum Inspecteur général de la Sécurité dans la Fonction publique ugeholl, da kéinte mer dee Projet „Naturklassen“ – wann een esou seet – a liicht touristesch Visiten an der Millen erëm eng Kéier opgräifen an déi dann och realiséieren.

Voilà, mir haten de Ball erëm zougespillt kritt a mir wollten de Ball awer elo net méi zeréckspillen, mä soen, komm, mir ginn eis drun a fir 50.000 Euro misst dat ze maache sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir si frou endlech ze héieren, datt mat der Rollenger Millen eppes soll geschéien. Mir hu scho laang genuch drop higewisen, datt et schued wier, wann näischt do géif geschéien. Wann een awer elo héiert, wéi dat Ganzt ofleeft, datt et ëmmer esou en Hick-Hack ass an datt keen dat wëll iwwerhuelen, well et ze deier gëtt, da gëtt et wierklech Zäit, datt mir dann nach eng Kéier drop hiweisen, datt mer eppes Flottes kënnen aus deem Projet maachen. Dofir wollt ech froen, wéivill mer eis kënne virstellen, datt mer do nach kënnen investéieren an dee Projet? Oder iwwerhëlt de Staat dat ganz, ausser déi 50.000 Euro, iwwer déi mer haut decidéieren?

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass net esou, datt et hin an hir gaangen ass, well et ze deier géif ginn. Et war d'Affaire vun der Responsabilitéit. An déi ass elo nach ëmmer „à la pointe“, géif ech soen. Dat ass nach ëmmer deen éischte Punkt. Wa mir eppes iwwerhuelen a wou mir den Exploitant sinn, wou Kanner sinn a wou Waasser ass, a wou – wann een an d'Waasser fält – eng Gefor kéint do sinn, da muss ee sech dat staark iwwerleeën. Mir hunn eis dat iwwerluegt. Mir hu gekuckt, wat do nach muss gemaach ginn. Mir hunn déi Chiffere schonn estiméiert a mir rechnen, datt dat dote mat 50.000 Euro ze maachen ass. Mir hu just d'Alentouren ze maachen. De Staat huet schonn alles banne gemaach. Den Deal ass – an deen ass och esou bliwwen – datt alles dat, wat elo de Bau ass, de Proprietaire muss maachen an alles, wat d'Alentoure sinn an déi Extrawënsch – déi nach dozoukommen – de Locataire da soll iwwerhuelen. Zu deenen Extrawënsch – ausser d'Securisatioun vun den Alentouren a vum Weier – kënnt nach den Amenagement vun enger Grillplaz an en Uewen, wou ee ka Brout dra baken. Mä soss misst vun eis aus näischt méi investéiert ginn. Mir schätzen, datt et mat 50.000 Euro ze maache wier.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat och gesot, fir ronderëm de Weier eppes ze maachen, wou een d'Käre kéint uséinen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass eng Affaire vum Gäertner. Dat kascht näischt. Do gëtt e Gaart ugeluegt. Et gëtt e „jardin des céréales“.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat heescht, et gëtt riets nieft dem Weier versicht, fir esou eppes ze maachen?

Breyer Roland, Schäffen:

Et muss elo e klenge Plang gemaach ginn. Dat Gaardenhaischen, wat do war, ass ewechgerappt ginn. An deem Hiwwel kann ee sech virstellen, fir déi eenzel Céréalen einfach unzeséine fir se ze weisen. Et soll jo eppes Natierleches sinn an et ass eng Saach, déi all Joer erëm nei ugeséint gëtt.

Rosenfeld Romain (CSV):

Esouwäit ech weess, ass d'Proprietéitsverhältnis nach ëmmer de Staat. Dat ass ganz wichteg. Dat do héiert sech ganz schéin un. Mir si Spezialiste fir déi Saachen do ze renovéieren. Mä et ass awer méi schwéier fir dat doten esou ze organiséieren, wéi et elo gesot ginn ass. Fir Céréalen unzeplanzen an en Uewen ze kafe fir Brout ze baken. Ech mengen, et ass e bësse méi eng komplex Geschicht. Ech mengen, wann ech hannendrun de Site gesinn, deen esou schéin ass an awer net an der Rei ass – ech mengen, déi richteg Weieren – da misst dee ganzen Eck – op mannst dat, wat eis gehéiert – eng Kéier an d'A gefaasst gi fir an d'Rei ze setzen. Et ass esou ee schéinen Naturprojet an deem Eck – ech mengen déi aner Weieren – deen awer net méi esou an der Rei ass. Do wësse mer jo Bescheed. An ech soen, ier mer mat Kanner dohinner ginn, an esou virun, muss dat anert alles och an der Rei sinn. Dat ass op jidder Fall meng Meenung. Wéi gesot, fir dohinner ze goen, en Uewen ze kafe fir Brout ze baken, ass e bëssen eng schéi Geschicht. Mä bei deem, wat do realiséiert gëtt, hunn ech meng Zweiwel ob mer dat Zil erreechen, wat mer eis hei virstellen.

Breyer Roland, Schäffen:

De Projet selwer, deen ass duerchgeschwat gi mat den Naturschoulklassen. Et sinn och konkret Projeten do, datt d'Schoule Stonneweis eriwwer kommen an do en Anschauungsunterricht kréien, einfach wéi d'Natur e bëssen ass, wéi se dat elo zu Lamadelaine maachen. Et kann ee sech virstellen, datt bannena verschidden Objeten ausgestallt ginn, vum Tëtelbierg oder esou Saachen, well do nach Raimlechkeet sinn, déi fräi sinn. Et kann ee sech virstellen, datt e klenge Bistro oder e klengen Openthaltsraum do ass wou een eppes kann drénken oder fir d'Touriste kann opmaachen. Alles dat ass denkbar.

Wa mer elo dee ganzen Areal huelen, da gehéiert eis net esouvill dovunner. Wa mer dat alles wéilte kafen, da setze mer eis an d'Däiwelskichen. Wa mir elo einfach géifen haart denken – d'Lamadelainer Weieren, mat all deem, wat dozou gehéiert – fir dat a Gemengenhand ze iwwerhuelen, da schwätze mer vun enger Gréngzone, déi amenagéiert ass a wou mer als Gemeng déi néideg Konsequenze missten zéien. An dat gëtt e Projet, dee finanziell net ze iwwersinn ass. An do muss een emol kucken, wéi d'Evolutioun bei de Lamadelainer Weieren ass. Mir wëssen, datt do Problemer sinn. Mir wëssen, datt Problemer waren a si waren ee Moment geléist. Mir hate gemengt, et wier an der Rei. Mir hätten do eng Hand kënnen upaken, mä mir mussen elo kucken, déi d'Evolutioun elo weidergeet.

Mir kënnen eis awer virstellen, datt dat heiten e Projet ass, deen onofhängeg vun deem dote ka fonctionnéieren. Wat d'Schouklasse betrëfft, op alle Fall a mat deem, wat ronderëm nach kann ausgebaut gi vun eis aus, ass dat doten denkbar. Datt een do mat enger Schoulklass dohinner geet, datt ee sech an der Millen ophält, datt een didaktesch eppes gewise kritt, datt ee Brout richt an e Brout do baakt, datt een erausgeet an op enger Grillplaz eppes ësst, dat ass schonn eng Aktivitéit, déi op där Plaz duergeet. Do muss een net vill nach dernieft hunn.

Wann ech d'Kap vum Tourismus un dinn, da kéint een dreemen. Do kéint een e wonnerbare Site developpéieren. Mä dat ass e Projet, deen een an den nächste 5-Jores-Plang kéint mat eranhuelen a kucken, fir déi néideg Suen dohinner ze setzen. Dat geet awer net mat 50.000 Euro duer an och net mat 500.000 Euro. Do muss een e puer Milliounе mobiliséieren. An et gi Formalitéiten. Mir sinn an enger Gréngzone. Mir wëssen, wéi empfindlech reagéiert gëtt. Wa mer ufänke regelrecht Etuden do ze maachen, da weess een emol guer net, ob e Weier iwwerhaapt do dierf sinn.

Gira Carlo (CSV):

An dësem Punkt kann ee soen, datt déi administrativ Millen am Fong geholl méi lues muele wéi déi Millen, déi mer emol eng Kéier haten. Et kann een et bal vergläiche mat der Péitenger Millen. Do huet et och laang gedauert, bis mer op e gréngen Zweig komm sinn. Hei kann een awer elo wierklech – wéi den Här Breyer gesot huet – fir 50.000 Euro e Projet maachen, oder definitiv fäerdeg maachen, mat deem een eppes ka maachen. Well ech erënneren nëmmen drun, datt d'Klassen esouguer aus dem ganze Land bis op Munzen fueren, wou eppes Ähnleches ugebuede gëtt. An ech mengen, da kéinte mer deene Klassen hei aus der Géigend och eppes bidden. A beim nächste Punkt vun der Dagesuerdnung huele mer jo Statuten u vum Péitenger Syndicat, deen och wëll am Tourismus eppes maachen an dat hei ass ee Punkt, deen dozou gehéiert.

Ech wëll och net dat aus den Ae verléieren, wat den Här Rosenfeld gesot huet. Ech mengen, et soll ee sech dat awer am Hannerkapp behalen, datt een hei e Site huet, wou een - op mannst, wat de sanften Tourismus ugeet - eppes kéint maachen. Well uewen op der Kopp fiert och nach den Zuch an do géifen awer Méiglechkeete bestoen. Ausser et huet een elo wierklech – wéi der gesot hutt – déi administrativ Hürden erëm eng Kéier aus dem Wee geschaf.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech ginn iech vollkomme Recht, datt een dat als Zil soll behalen. An et soll een och kucken, wéi de Wee dohinner am mannste komplizéiert an am bëllegsten ass. Dir schwätzt vun Tourismus. Et ass e Site, dee sécherlech touristesch interessant ass an deen och an de Chaînon vun den Attractivités touristiques erageholl gëtt. Et kann ee sech och virstellen, datt zum Beispill Konveniater déi Mille besiche ginn. Ech wëll net méi optimistesch sinn, wéi ech et de Moment sinn. Mä dee JuFa-Projet schéngt mer ganz gutt op der Schinn ze sinn. Mir hu laang net méi hei driwwer geschwat, mä do lafen am Hannergrond awer ganz vill Kontakter. Esou datt – wann ech ganz optimistesch denken – dat nächst Joer kéint do ugefaange gi mat bauen, wann alles optimal leeft. A wann mer an 2 Joer oder an 2,5 Joer eng weider touristesch Struktur do am Eck hunn, da gesäit een do déi Méiglechkeeten a Verbindungen, déi sech nach kënnen erginn an déi sécherlech interessant sinn. Mat engem Zichelchen, deen do fiert. Et kann een am Fuussebësch eng Halt maachen, wou ee kann eroftrëppelen an hei an do maachen. Et gesäit een dee futtisse Päerdsstall do, deen un d'Päerd erënnert a wou eppes mat de Päerd erëm eng Kéier kéint entstoen. Et ginn e ganze Koup Synthesen a Synergien, déi sech do kéinten developpéieren. An dofir soll een dee Site am A behalen. En ass interessant an e bleift interessant.

Arendt Patrick (CSV):

Ech mengen hei geet et drëm, fir Aktivitéiten dran ze developpéieren am socio-pädagogeschem Projetsgedanken, esou wéi den Här Breyer och ganz gutt gesot huet. Et geet och drëm, fir d'Naturschoul méi performant a breetgefächert ze maachen an d'Aktivitéiten dee Moment och op eisem Terrain ze hunn, well wann ee bedenkt, datt déi meescht Aktivitéiten de Moment op Déifferdenger Terrain geschéien.

Ech denken och u speziell Ufroen, wéi Kannergebuertsdeeg, déi do méiglech wieren, mat allen néidegen Autorisatiounen. E bëssen am Sënn vun der Robbesscheier, wéi och scho mäi Kolleg Carlo Gira elo grad ganz gutt gesot huet.

Wéi gesot, ech fannen dat eng ganz gutt Saach fir eis Gemeng, och am Sënn vun enger kontinuéierlecher Erweiderung vun eisen touristeschen Aktivitéiten.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Iddi vun de Kannergebuertsdeeg ass sécherlech eng, déi komplett dra passt. Well déi Naturschoule si jo net ëmmer do, mä nëmmen zu gewëssene Schouldeeg. An déi aner Deeg kuckt ee fir nach aner Aktivitéiten ze fannen. An d'Kannergebuertsdeeg ass eng vun deene Saachen. Konveniater a Visiten ass eng zweet. An deemno wéi dat wiisst, mir wëlle bescheiden ufänken, mä deemno wéi dat wiisst, kann dat e Site ginn, deen awer regelméisseg frequentéiert gëtt. A wann een da bei der Evolutioun gesäit, datt et hannendrun näischt méi ze drénke gëtt, da muss een dat eriwwer huelen an da kritt een do op der Plaz eppes ze drénken. D'Equipementer sinn op der Plaz do. Vläicht net an der Gréissenuerdnung wéi se de Moment bei der Giedel oder beim Rollenger Weier sinn, mä et kéint een dat nach ausbauen. Mir gesinn e ganze Koup Potential, deen nach ronderëm d'Millen do läit. Et muss ee kucken, wéi dat an der Zäit evoluéiert. Do ginn et e ganze Koup Synthesen, déi interessant sinn.

Arendt Patrick (CSV):

Fir nach eng Kéier op déi Kannergebuertsdeeg zeréckzekommen. Et ass wierklech eng ganz wichteg Saach. Well ech gi regelméisseg och op menger Aarbecht dorop ugeschwat an do sichen d'Leit wierklech esou Plazen, wou se dat dann dee Moment kënne mat de Kanner duerchzéien.

Accord à l'unanimité.

9.

Vie associative.

Nouveaux statuts coordonnés du «Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange» - information.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Il en est pris acte.

Gemeinderatssitzung vom 27. Juni 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Tockert Claude** (DP) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Brecht Guy (LSAP)
Gonçalves Cátia (LSAP)

1. und 2.

Die Punkte 1 und 2 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig entschieden, folgende Abstimmung zu veröffentlichen:

Rücktrittsgesuch einer Diplomerzieherin – Beschluss:

Dem Rücktrittsgesuch von Frau Martine Closter als Diplomerzieherin der Gemeinde Petingen wird mit Wirkung auf den 1. August 2016 stattgegeben.

3. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Der Gemeinderat hat eine Schweigeminute zum Gedenken an den Journalisten und Lokalkorrespondenten Gaston Freymann eingehalten.

Schöffe Roland Breyer gibt Auskunft über die Einführung von wiederverwendbaren Trinkbechern (Cup System) in der Gemeinde Petingen.

Herr John Polfer, Gemeinderatsmitglied, gibt Auskunft über das Erweiterungs- und Modernisierungsprojekt der Minett-Kompost-Anlagen. Das interkommunale Gemeindesyndikat Minett-Kompost wird außerdem ab dem Herbst 2016 die Geschäftsleitung der Anlagen von der Firma „Sovacom" übernehmen.

4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Rücktritte und Ernennungen in verschiedenen beratenden Ausschüssen – Beschlüsse.

Der Gemeinderat hat das Rücktrittsgesuch von Herrn Patrick Hahn als Mitglied des Sport- und Freizeitausschusses sowie des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung zur Kenntnis genommen.

Geheime Abstimmungen:

Der Rücktritt von Frau Laura Di Domenico als Mitglied des Ausschusses für Jugend sowie des Ausschusses zur

Überwachung der Musikschule ist mit 13 Stimmen angenommen worden.

Frau Linda Di Domenico aus Rodange ist mit 13 Stimmen als neues Mitglied des Jugendausschusses sowie des Ausschusses zur Überwachung der Musikschule ernannt worden.

Der Rücktritt von Herr Cyrille D'Orazio als Mitglied des Jugendausschusses ist mit 14 Stimmen angenommen worden.

Mit 14 Stimmen ist Frau Chrystelle Brassine aus Petingen als neues Mitglied des Jugendausschusses ernannt worden.

Mit 14 Stimmen ist Frau Chrystelle Brassine aus Petingen als neues Mitglied des Sport- und Freizeitausschusses ernannt worden.

Mit 14 Stimmen ist Herr Joe Gomes aus Petingen als neues Mitglied im Ausschuss für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung ernannt worden.

Der Rückstritt von Frau Gaby Birtz als Mitglied des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung sowie des Ausschusses für Finanzen, Budget und Verordnungen ist mit 14 Stimmen angenommen worden.

Mit 14 Stimmen ist Frau Marguerite Osch aus Lamadelaine als neues Mitglieder des Ausschusses für Öffentlichkeitsarbeit, Kommunikation, Zeremonien und Tourismusförderung ernannt worden.

Mit 14 Stimmen ist Herr Guy Kauffmann aus Rodange als neues Mitglied des Ausschusses für Finanzen, Budget und Verordnungen angenommen worden.

5. - Schulwesen.

Bewilligung des Schulorganisationsprojektes 2016/2017 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.1. - Liegenschaften.

Vergleich mit Herr Roger Niedercorn aus Linger bezüglich eines Grundstückkaufs am Standort „Im Heidenbour" in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.2. - Liegenschaften.

Mietvertrag mit Herr Roger Niedercorn aus Linger bezüglich eines Grundstücks am Standort „Im Heidenbour" in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.3. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „DS GROUP SARL" aus Lamadelaine bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort „rue Jos Philippart" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.4. - Liegenschaften.

Vergleich mit Frau Clémentine Sylvie Schmit aus Lamadelaine bezüglich eines Grundstückverkaufs am Standort „rue du Vieux Moulin" in Lamadelaine - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.5. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „AGILIS SARL" aus Lamadelaine bezüglich eines Grundstückkaufs am Standort „avenue Dr Gaasch" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.6. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „AGILIS SARL" aus Lamadelaine bezüglich des Kaufs von Grundstücken am Standort „rue du Commerce" in Rodange - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.7. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „ALEXANDRE LOC SARL" in Bezug auf den Kauf von Grundstücken an den Standorten „avenue de la Gare" und „rue de l'Hôtel de Ville" in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7. - Wirtschaft.

Kostenvoranschlag über 1,7 Millionen Euro bezüglich der Erschließung von drei Parzellen in Höhe der Industriezone PED in Rodange sowie Abstimmung über ein Spezialkredit über 200.000 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Marc Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

8. - Tourismus.

Abstimmung über einen Spezialkredit in Höhe von 50.000 Euro für Studienkosten und erste Arbeiten bezüglich der Lamadelainer Mühle - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9. - Vereinsleben.

Neue Statuten des „Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange" - Information.

Es wird zur Kenntnis genommen.

Séance publique du 11 juillet 2016

***Durée de la séance**: 15.00 à 17.50 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)	**Breyer Roland**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)	
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr)

Absent et excusé:

Tockert Claude (DP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (15.00 heures)

1. Personnel: Nomination d'un rédacteur (m/f) - décision.
2. Affaires sociales
   - 2.1. Démission d'une aide-éducatrice - information.
   - 2.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) - décision.
   - 2.3. Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) - décisions.
3. Enseignement musical
   - 3.1. Démission volontaire d'un chargé de cours - information.
   - 3.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) - décision.
   - 3.3. Ratification des contrats de travail avec plusieurs chargés de cours - décision.

Séance publique (15.30 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Approbation des titres de recettes - décision.
   - 5.2. Participation financière de l'Etat dans le cadre du «Pacte Logement» et vote d'un crédit spécial - décision.
   - 5.3. Règlement général des tarifs - modification des taxes et redevances à percevoir sur la consommation d'eau humaine - décision.
6. Propriétés
   - 6.1. Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 1er semestre 2016 - décision.
   - 6.2. Compromis avec la société ALEXANDRE LOC sàrl concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «rue d'Athus» - décision.
   - 6.3. Approbation de l'acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» de la part de M. Semin Civovic et Mme Nadine Tholl - décision.
   - 6.4. Approbation de l'acte concernant la vente de terrains sis à Lamadelaine, dans le nouveau lotissement «An den Atzéngen» à la Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) - décision.
7. Enseignement musical: Approbation de l'organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année 2016/2017 - décision.
8. Ordre public et sécurité: Convention avec un sapeur-pompier pour l'obtention du permis de conduire C - décision.

9. Transports et circulation: Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de construction d'un immeuble sis à Rodange, route de Longwy n° 236 - décision.
10. Vie associative
    10.1. Dissolution de la société «Wing Tsun Club Pétange» - information.
    10.2. Admission de la société «Lëtzebuerger Schlager- an Volléksmusékfrënn» sur la liste des sociétés subsidiées - décision.
    10.3. Subside de base à attribuer à la société «ZChicas» - décision.
    10.4. Octroi des subsides aux sociétés et vote d'un crédit supplémentaire - décisions.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Nomination d'un rédacteur (m/f) - décision:

Mme Lapenna Loredana de Strassen est nommée provisoirement aux fonctions de rédacteur.

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) – décision:

Mme Holcher Cindy de Rodange est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (10 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Nominations de plusieurs éducateurs diplômés (m/f) – décisions:

Mme Hipp Audrey de Merscheid est engagée comme éducatrice diplômée à tâche complète sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

M. Schmitz Alain de Mamer est engagée comme éducateur diplômé à tâche partielle (35 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mmes Mendes Mélanie de Soleuvre, Da Silva Santiago Ana Claudia de Pétange, Raus Michelle de Ehlange-sur-Mess et Thoth Bianka Gabriella de Pétange sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche partielle (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Démission volontaire d'un chargé de cours de l'Ecole de musique – décision:

M. Peckels Christian est démissionné de ses fonctions auprès de l'administration communale de Pétange à partir du 1er septembre 2016.

Nomination d'un chargé de cours (m/f) – décision:

M. Lang Daniel d'Aspelt est nommé chargé de cours pour la classe de solfège de l'Ecole de musique à tâche partielle et à durée indéterminée avec effet du 15 septembre 2016.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Ech wollt awer och nach eng Informatioun weiderginn. Mir hunn net méi spéit wéi viru 6 Wochen zougestallt krut, datt den interkommunale Syndikat SIDOR seng Statute wëll änneren. Do ass eis als Schäfferot opgefall, datt besonnesch eppes eis net kohärent schéngt. Dofir hu mer dem President elo mol an dëser Phas e Bréif geschéckt fir datt hien dat nach eng Kéier soll kucken. Mir wëssen awer, datt, wann hien natierlech op där Positioun bleift, da muss de Gemengerot mat deem Text hei konfrontéiert ginn. Dat heescht en huet d'Recht - duerch dat Gesetz iwwer déi interkommunal Syndikater – fir dat Reglement oder fir déi Statutenännerung net unzehuelen. Mir wollten dat awer net direkt maachen, mä fir d'éischt emol e Bréif schreiwen. Mir wollten iech awer och informéieren, ëm wat et geet. Et geet eigentlech ëm déi Delegéiert, déi eng Gemeng kann – a si huet d'Recht dozou – an dee Syndikat ze nennen. Do schéngt eis eng Disproportioun ze sinn, déi substantiell ass. Engersäits ass virgesinn, datt bis 3.000 Awunner déi eenzel, kleng Gemenge sech een Delegéierten an dësem Syndikat deelen. Ab 3.000 a bis 15.000 Awunner huet ee vu vir eran 1 Delegéierten zegutt. An ab 15.000 Awunner huet een, an hei zitéieren ech iech den Text: „Les communes dont la population s'élève à 15.000 habitants au moins ont droit à 1 délégué supplémentaire pour chaque fraction supplémentaire de 7.500 habitants." Dat heescht am Kloertext, datt eng Péitenger Gemeng mat 18.000 Awunner eigentlech just 1 Delegéierten hätt. Wat also z.B. gläichzestelle wier mat enger Gemeng, déi 3.020 Awunner huet. Eng Stad Lëtzebuerg, well se pro 7.500 Awunner, déi se iwwer 15.000 huet, eigentlech 13 oder 12 zousätzlech Delegéiert zu deem engen hätt, dee si jo vu vir eran zegutt huet.

Mir hunn d'Rechnung gemaach. D'Stad Lëtzebuerg mat 110.000 Awunner hätt der 13, Esch hätt der 3, Déifferdeng 2, Diddeleng, Péiteng hätten 1 Delegéierten esou wéi eng Gemeng mat 3.000 Awunner. Dat schéngt eis absolut disproportionéiert, a mer hunn eigentlech de President Paul Weidig informéiert, datt mir mengen, datt dat net gutt ass.

De 25. Mee 2012, wou d'Statute schonn anescht waren a wou, laut eiser Lektür vun deene Statuten, mir schonn deemools vu vir era schonn iwwer 15.000 Awunner waren a schonn een zousätzlechen Delegéierten zegutt haten an deen eis awer bis elo nach ëmmer verweigert ginn ass, hu mir de Paul Weidig schonn dorop opmierksam gemaach. Also et geet eis net drëm fir een Delegéierte méi oder manner ze hunn, well soss hätte mer scho vun deemools un Zauber geschloen. Dat ass net de Sënn vun der Saach. Et geet eis awer drëm, datt mer hei am Gemengerot Statuten unhuelen, déi iergendwéi an enger Linn sinn an déi iergendwéi kohärent sinn. Dat schéngt eis awer hei absolut net méi de Fall ze sinn.

Mir hunn och e Virschlag gemaach. An zwar, datt een ab 15.000 Awunner pro Tranche vu 15.000 Awunner ee soll bäikréien. Dann hätt d'Stad Lëtzebuerg der 8 an déi Péitenger Gemeng 2, an da stéinge mer an enger besserer Proportioun een zum aneren. Mä et kann net sinn, datt ee bei deenen éischten 22.500 Awunner 1 Delegéierte kritt, an dann tëscht 22.500 a 45.000 – wat déiselwecht Proportioun ass – der 3 derbäi kritt. Dat heescht, déi zweet Halschent géif dräi Mol esou vill bréngen ewéi déi éischt, an dat schéngt eis net

adäquat ze sinn. Mir hunn hinnen emol e Bréif geschriwwen a mer kucken elo, wéi si dorop reagéieren. Ech hunn och perséinlech mat dem Här Weidig geschwat, an hien huet mir zougesot, datt hien dat do géif nokucken an datt hien den Text net esou verstanen hätt. Hie géif dat awer elo mat sengem Sekretariat nokucken. An da musse mer kucken, wéi si elo op de Bréif reagéieren. Wa si op där Positioun bleiwen, da bleift eis näischt anescht iwwereg ewéi dat hei an de Gemengerot ze bréngen. De Gemengerot ass jo autonom fir eng Entscheedung ze huelen. An da muss de Gemengerot – e weess jo, vu wat e schwätzt – entscheeden, ob déi Statute guttgeheescht ginn oder net. Sollten se net guttgeheescht ginn, da sinn déi Statute verworf, well d'Lektür vum Gesetz ass fir mech esou, datt all Gemengen d'Statute mussen unhuele fir datt ee Statut och rechtskräfteg ass. Mir wollten iech informéieren, datt mir an déi Richtung reagéiert hunn a mer elo ofwaarden, wéi d'Reaktioun op de Bréif ass, dee mir dem Här Weidig geschéckt hunn.

Ech muss och soen, datt de Sicona ganz anescht bei senger Statutenännerung virgaangen ass. Déi hunn eis déi am Virfeld als Schäfferot ënnerbreet an eis gefrot, ob mir mat deene Statute kéinte liewen. Mir hunn déi Statuten dunn och gekuckt, a mer hu gesot, datt dat fir eng Gemeng ewéi Péiteng – ënner Virbehalt vun der Zoustëmmung vum Gemengerot – als kohärent kéint ugesi ginn. A wann d'Membere vun deem Syndikat, also all déi eenzel Gemengen, domat averstane sinn, da wäerten déi Statuten op den Instanzewee goen. Hei ass en anere Wee gewielt ginn an d'Statute sinn direkt op den Instanzewee geschéckt ginn, esou datt mer hei iwwer de Wee vun engem Bréif reagéiert hunn.

5.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 2.005.453,39 euros, dont la participation financière de l'Etat dans le cadre du Pacte logement (1.118.542,50 euros) - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do komme mer nach eng Kéier am Punkt 5.2 drop ze schwätzen. Déi Zomm hu mer krut, well eis Populatioun am Joer 2015 vu 17.529 op 17.870 eropgaangen ass. Dat heescht ëm 341 Bierger. Dofir hu mer 1.118.542,50 Euro krut. Déi wäerte mer dann, ewéi all Suen, déi mer iwwer dee Wee kréien, op dee speziale Kredit vun dem ausseruerdentleche Budget setzen. Mir hunn, dat ass vläicht eng interessant Neiegkeet fir iech alleguer, am Total an deenen éischten 9 vun 10 Joer mam „Pacte Logement" 9.440.752 Euro kritt. Dat heescht vun 2007 bis 2015 inklusiv. Et ass nach ee Joer, wou dee „Pacte Logement" leeft. An och do hu mer vum Syvicol e puer Froe krut, op déi mer eng Äntwert respektiv eng Positioun solle ginn an deem Kontext. An déi wäerte mer bis Enn der Woch mussen ofginn. Do gi mir eis Positioun dozou, wéi dee „Pacte Logement" ka verlängert ginn.

Dann hu mer awer och eng ganz Rei Remboursementer gefrot. Vun Zäit zu Zäit kucke mir no, wou Leit eng „aide d'investissement" krut hu wann se Transformatiounen un engem Haus gemaach hunn oder geschafft hunn. Wa se awer dann no manner ewéi 10 Joer erausplënneren – esou wéi d'Reglement dat virgesäit – da mussen se déi Suen un d'Gemeng zeréckbezuelen. D'Bedingung ass näämlech déi, datt een 10 Joer dra wunne bleift. An do sinn eng Rei Leit, wou mer elo gekuckt hunn an déi d'Bedingung vun deenen 10 Joer net erfëllt hunn an déi di finanziell Hëllef zeréckbezuele mussen. Déi meescht hunn dat och scho gemaach.

Mir hunn och 574.967 Euro fir de Betrib vun der Maison Relais krut. Dat ass déi 3. Avance. Fréier hu mer dat an engem Rëtsch kritt, haut kréie mer dat an e puer Etappen.

An da krute mer och Dividende vu Sudgaz vum Joer 2015. Dat sinn 158.000 Euro. Ech soen dem Vizepresident an dem Member aus dem Gemengerot Merci fir déi Dividenden, déi mir als Aktionär an där S.A. Sudgaz krut hunn.

Am ganzen hu mir Recettë vun 2.005.453,39 Euro kritt.

Approbation à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Participation financière de l'Etat dans le cadre du «Pacte Logement» et vote d'un crédit spécial de 1.118.542,50 euros - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Règlement général des tarifs - modification des taxes et redevances à percevoir sur la consommation d'eau humaine - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn e bëssen en techneschen Dossier, deen duerno déi finanziell Resultater a seng Konklusiounen duerleet. Et ass eise Waasserpräis, also dat, wat mer eise Matbierger, eisen Industrien, eise Stéit an eise Bauere sollen a misste verrechnen. Do ginn et ganz kloer Virschrëfte vum Ministère a vun der Waasserverwaltung, wéi dee Prinzip soll funktionéieren. Ech brauch net an Erënnerung ze ruffen, datt do e bëssen nom Prinzip „pollueur-payeur" gefuer gëtt. Deen, deen d'Käschte verursaacht, muss se och bezuelen. Hei sinn déi Käschten, déi duerch d'Liwwerung vum Waasser, duerch den Ënnerhalt vun eise Leitungen, duerch eis Ofwaasserkanäl an duerch déi Käschten, déi de SIACH huet fir d'Kläranlag funktionéieren ze doen. An do kënnt e Präis derbäi eraus. Déi lescht Erhéijung vum Präis, déi mer virleien hunn, geet zeréck op den 1. Abrëll 2010. An der Tëschenzäit ass näischt méi bëlleg an näischt méi einfach ginn.

Et muss ee kucke wat geschitt ass. Et ass e ganze Koup investéiert ginn an dat Netz, wat am Buedem läit a wat een net gesäit, mä all Joer Milliounе verschléckt. Et muss een da regelméisseg eng Analys vun de reelle Käschte maachen, wou ee kuckt, wat d'Käschte vum Akaf vum Waasser, vum Traitement vum Waasser, vum Baue vun de Waasserbehälteren, vum Botzen a Verleeë vun de Leitungen ass. Wat ass de Käschtepunkt vum Ofwaasser – nees eng Kéier d'Kollekteren, d'Uertsnetzer an d'Kläranlag selwer -, an et kënnt een dann zu Konklusiounen, déi an enger Tabell festgehale sinn. Déi Tabell gëtt all Kéier virgeluecht vun der Waasserverwaltung an da mussen déi Donnéeën agedroe ginn. Dann ass d'Gemeng verflicht ze beweisen, wou se steet. Mir hu dat festgestallt a mer hunn eis op Donnéeë baséiert, déi reell sinn aus dem Joer 2014. Mer konnten elo net op d'Budgete vun 2015 oder 2016 zeréckgräifen, well dat keng Realitéite sinn. Déi eenzeg fest Realitéite waren d'Konte vun 2014.

An et ass festgestallt ginn, datt et fir d'Gemeng Péiteng en Defizit vun 1,05 Euro pro Kubikmeter beim Waasser gëtt. A

bei der Ofwaasserklärung ass et en Defizit vun 0,29 Euro. Dat waren d'Konklusiounen, déi emol fir d'éischt erauskomm sinn. Déi Analyse sinn deelweis vun eisen techneschen Servicer gemaach ginn, deelweis goufen se awer och zentraliséiert an de SIACH-Gemengen am Kordall, an zwar zu Käerjeng, Déifferdeng, Suessem, a Péiteng. De SIACH huet och Virschléi gemaach wat d'Ofwaasserklärung ugeet, well mer do och festgestallt hunn, datt mer all déi Joren datselwecht Netz, déiselwecht gemeinsam Käschten hunn op der Kläranlag. Bis elo haten d'Kordallgemengen deeselwechten Tarif. An et ass jo am Comité vum SIACH entscheet gi – dat ass och weidergaangen un déi eenzel Schäfferéit – fir d'Ofwaasser op 2,25 Euro ze erhéijen. Dat heescht net onbedéngt, datt déi 0,29 Euro derbäi kommen. Mer hate virdrun 2,05 Euro. En Deel, 0,20 Euro ass derbäi komm. Dat heescht, mer behalen also e klengen Defizit well een net ëmmer weess, op déi Zuele bis op de leschte Stëppel stëmmen. Et ass also virgeschloe ginn, 2,25 Euro fir d'Ofwaasser ze maachen. Do ass keng TVA méi derbäi an eng „partie fixe" vu 25 Euro fir den Awunnergläichwäert. Et waren 23 Euro, also geet dee ganz liicht an d'Luucht.

Beim Waasser ass erausfonnt ginn, datt mer do deen Defizit vun 1,05 Euro hätten. Mir haten e Präis vun 1,75 Euro, a wa mer déi 1,05 Euro derbäi geholl hätten, da wiere mer op 2,80 Euro komm. Do war de Schäfferot awer der Meenung, datt een déi Quantitéiten, déi net verrechent ginn – mer gi jo en Deel akafen an en Deel verkafen, an dotëscht ass en Deel, deen net verrechent gëtt - ewéi Saachen, déi an eisen eegene Betriber verbraucht ginn, deelweis duerch d'Pompjeeë verbraucht ginn oder deelweis awer och mat Fuitten oder mam Botze vu Leitungen zesummenhänken. Déi muss een net onbedéngt op d'Leit zeréckginn. De Schäfferot war der Meenung, amplaz 1,75 Euro plus 1,05 Euro, also 2,80 Euro ze froen, sollt een de Präis bei 2,20 Euro loossen. Do kommen och nach 3% TVA derbäi. D'„taxe fixe", déi do a Fro géif kommen, géif och liicht eropgoen op 84 Euro pro Joer.

D'Ofwaassertaxe sinn am SIACH mat deenen anere Gemengen ofgeschwat ginn. Et sollt och esou sinn, datt déi alleguer follegen – ech kommen duerno nach drop zeréck wéi mer de Moment an deene Solidaritéitsgemenge stinn.

Dat Ganzt ass prozedural esou, datt sämtlech Tabellen an Ënnerlagen un d'Waasserverwaltung geschéckt musse ginn. Dat sinn natierlech voluminéis Dossieren. D'Waasserverwaltung hëlt Stellung dozou wéi si dat jo gemaach hunn. An et war ze erwaarden – mir hunn och domat gerechent -, datt se en negativen Avis géif ginn. Firwat? Ma deeselwechten negativen Avis hate mer scho bei där leschter Waasser-Erhéijung kritt, well mer net higaange sinn an d'Waasser a verschidde Secteuren opgedeelt hunn. Et gëtt e Secteur „Ménage", en industrielle Secteur, e landwirt-schaftleche Secteur. Am Prinzip misst dat esou opgedeelt ginn. Déi Tabellen, d'Gesetz gesäit dat esou vir. Dat muss een awer am Kontext vun enger landeswäiter Berechnung kucken. Am Éislek, wou grouss Landgemenge sinn, hu se aner Infrastrukturen ewéi hei. Do wier d'Waasser deier wann et op d'Feld geliwwert géif ginn oder an déi eenzel Ställ, well eben d'Infrastrukture méi laang sinn. Hei ass dat net de Fall. Mir hu bal keng Bauere méi, mir hu bal keng grouss Industrien hei. A wann ee kuckt, wat dat ass, wat d'Waasserverwaltung géif virschloen, da wier de Präis nach eng Kéier fir de „Ménage" an d'Luucht gaangen. Do wou mir da vun 2,20 Euro schwätzen, do schwätzt d'Waasserverwaltung vun 2,90 Euro. D'„partie fixe" wier liicht erofgaangen, mä dofir wieren d'Industrie an d'Landwirtschaft da mat engem variable Waasserpräis vun 1,05 Euro respektiv 1,45 Euro dervu komm.

Mir waren der Meenung, datt mer deem net sollten nokommen. Mir mussen dat och net maachen. Mir hunn Argumenter genuch fir ze soen, mir hunn eis eegen Autonomie, mir hunn eis eege Berechnungen. Mir wëssen och aus Erfahrung, datt d'Waasserverwaltung hiren Avis muss ginn. Wann deen negativ ass, dann ass en negativ. Mä mir wëssen awer och – an et si Beispiller do -, datt de Ministère derhannert ass an awer d'Deliberatioune vum Gemengerot unhëlt. Ech verweisen op den Alleingang vun der Déifferdenger Gemeng, déi 2014 scho mat den Donnéeën aus dem SIACH eraus higaange sinn a gesot hunn, si kéimen net derlaanscht fir de Präis ze héijen. Si sinn an de Gemengerot gaangen an hunn d'Präisser einfach ëm 10% an d'Luucht gesat, an dat ouni dat ze begrënnen, ze beweisen. Si hunn en negativen Avis vun der Waasserverwaltung kritt, mä de Minister huet d'Approbatioun ugeholl. An zënter 2015 gëtt de Präis an der Déifferdenger Gemeng 10% méi deier gemaach ewéi dat virdrun de Fall war. Do hu mer och keng Bedenken a mer kënnen do deeselwechte Wee goe wann de Gemengerot och der Meenung ass, datt mer dee Präis fir d'Stéit net ze héich solle schrauwen. Et muss een emol kucken, wann een dann d'Donnéeë vun 2015 an 2016 virleien huet, ob do dee Verbrauch of- oder zougeholl huet. Mir haten d'Tendenz, datt en ofgeholl huet. An da changéieren d'Wäerter nees eng Kéier alleguer. Mir géifen iech haut virschloen, déi Präisser esou unzehuelen ewéi mer der Meenung waren a wéi mer dat mat eisen Servicer an dem Vertrieder aus dem SIACH beschwat hunn. 2,25 Euro fir d'Ofwaasser an 2,20 Euro fir d'Waasser. Da kënnt jo nach d'„partie fixe" derbäi, mä déi ass schwéier ze berechnen. D'TVA kënnt derbäi. Wat kéint dat ausmaachen? De Kubikmeter Waasser géif dann – Ofwaasser, Waasser an alles derbäi – 5,35 Euro kaschten. A wann ee weess, datt een an der Schoul geléiert huet, datt e Kubikmeter Waasser 1.000 Liter sinn, da läit de Präis vun engem Liter Waasser bei 0,005 Euro. Am Verglach zu enger Fläsch Waasser, déi een am Supermarché keeft, wier dat 80 Mol manner deier.

Et ass natierlech eng Belaaschtung weider fir déi kleng Stéit. Do kommen och wahrscheinlech Diskussiounen op. Et muss een awer kucken, wat dat kéint ausmaache fir en normale Stot, wat de Verbrauch ugeet. Et gëtt gerechent, datt en normale Stot 50 Kubikmeter pro Joer brauch. En normale Stot mat 4 Persoune géif 200 Kubikmeter verbrauchen. Wa mer alles héichrechnen, da wieren dat 138,56 Euro weider pro Joer wat dee misst bezuelen. Dat wier eng reell Erhéijung vun 13,02%.

Wann een dat op 4 Persoune kuckt, da wieren dat 11,55 Euro pro Mount fir déi 4 Persounen. Ëmgekéiert wieren et 2,89 Euro de Mount weider, wann et just eng Persoun wier. Et ass also iwwersiichtlech. Fir déi, déi net esou vill Suen an der Täsch hunn, deenen deet et wéi, dat si mer eis bewosst. Mir wëllen net och nach e sozialen Tarif asetzen ewéi aner Gemengen dat ugedeit hunn. Dat ass nach eng Kéier kontraproduktiv fir ze soen, datt déi manner bemëttelt Leit elo 50 Kubikmeter fir näischt kréien. Dat ass näämlech nees eng aner Manipulatioun vum Tarif, déi och net an der Reglementatioun vun der Waasserverwaltung virgesinn ass. Mir stinn awer och op - an dat ass och bei anere Fäll esou - wa Leit net nokommen a Problemer hunn. Dofir huet eis „Maison sociale" en oppent Ouer, esou datt mer dat do behandelen esou wéi mer och aner Saachen do behandelen an d'Hëllef do als ee Ganzt uginn. Et ass och näischt, wann een drëpserchersweis sozial Bonifikatioune mécht. Da verléiert een de Gesamtbléck dovunner. Wann e Fall do ass, da kommen se mat hirer reeller Situatioun an den „Office social", si leeën alles op den Dësch an kréien ewéi fréier d'Gromperegeld, Kellerprime, si kréien och beim Waasser oder bei den Offäll gehollef, wann dat noutwenneg ass. Dat zu den Aféierungen. Ech sinn awer gären averstane fir déi Äntwerten ze ginn, déi hei nach opstinn, déi hei nach bleiwen.

Polfer John (CSV):

Här Breyer, ech hunn ären Erklärungen elo nogelauschtert an ech kontestéieren är Berechnungen net. Mä dir hutt den „Office social“ ugeschwat, an et fält op, datt ëmmer méi Leit et net fäerdegbréngen, d'Enner zesummen ze kréien an d'Gemengentaxen ze bezuelen. Wann och eng europäesch Direktiv seet, mir misste käschtendeckend sinn, da froen ech mech, ob eis Nopeschlänner dat och esou eescht huelen ewéi mir hei zu Lëtzebuerg.

Wat hu mer dovunner, wa mer käschtendeckend sinn, well d'Gemeng an de Staat déi geschëlte Sue fir déi Leit bezuelen? Des Weideren hu mir hei am Land, an dat soen ech nach, awer keng Waasserknappheet.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech ginn iech Recht, datt mer vläicht e mustergültege Schüler an Europa sinn an datt mer gären dat befollegen, wat déi europäesch Direktive soen an déi dann och an dat Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn. Et muss een och derbäi soen, datt e ganze Koup Subsiden dovunner ofhängeg sinn. Wa mer dee Prinzip net akzeptéieren an dat käschtendeckend veraarbechten, da kréie mer och bei aneren Investissementer, ewéi de Waasserbasengen oder bei de Kläranlagen, net méi déi Subventiounen, déi mer hunn. Si sëtzen do um laangen Hiewel. Ech erënneren drun, datt mer elo d'Kläranlag fir ronn 70 Milliounen Euro mussen ausbauen, an datt mer awer mat 60-65% Subventioune vum Staat rechne kënnen. Do hu si dee laangen Aarm. Wa mir net follegen a soen, mir maachen aner Präisser oder verschleideren de Präis, da kréie mer déi Subsiden net. Well da gëtt gesot, der Gemeng geet et gutt an déi brauche keng Hëllef vum Staat well se mol net hir eege Suen erëmsiche ginn.

Ech ginn iech awer och Recht, datt 138 Euro d'Joer fir gewësse Leit näischt bedeit, fir aner kann et vill bedeiten. Wann nach derbäi kënnt, datt d'Offäll och méi deier ginn an datt aner Saache méi deier ginn ewéi de Gas. Neen, de Gas ass méi bëlleg ginn. Den Här Rosenfeld huet scho ganz béis gekuckt. D'Creos ass och net vill méi deier ginn, an dat hält sech am Gläichgewiicht. Mä käschtendeckend wäert de Prinzip an deene Grondsaachen, déi mer hunn, awer bleiwen. Och wa mer kënnen e soziale Volet opmaachen a kucken, wéi mer kënnen hëllefen.

Thein Joe (adr):

Ech verweise gären op d'Budgetsdebatt 2011 an och op eis Interventioun vum 18. Mäerz 2013, wou d'adr am Fong ëmmer gesot huet, datt d'Waasser e Mënscherecht ass. Elo liese mer hei esou intellektuell Begréffer ewéi „prix rééquilibré“, „modification de la taxe“. Mä schlussendlech handelt et sech heibäi am Endeffekt just ëm eng Taxenerhéijung. An dir wësst, d'adr ass ëmmer dofir agetruede fir eng kritesch Taxepolitik ze maachen. Dat heescht fir de Steierzueler esou mann wéi méiglech ze belaaschten.

Des Weideren hu mer ëmmer gefuerdert, datt mer gären 30 Fudder Waasser pro Kapp a pro Joer gratis hätten. Dat heescht, och dat géif eiser Philosophie widdersprieche wa mer dat heite géifen ënnerstëtzen. Mir sinn och selbstverständlech fir de Prinzip vum „pollueur-payeur“, a mir denken och, datt déi, déi am meeschte Verschmotzung maachen och am meeschte sollte bezuelen. Mä ech denken net, datt et an dësen Zäiten eng richteg Politik wier, fir d'Stéit am meeschten ze belaaschten an och eis Landwirtschaft. Well mer mussen awer och wëssen, datt mer hei – den Här Breyer huet dat jo och hei bestätegt – ëmmer manner Landwirtschaft an ëmmer manner Industrie hunn. An esou kënne mer och net genee déi Politik fërderen, datt méi Industrie a méi Landwirtschaft an dësem Land entsteet.

Europäesch Direktive sinn ugeschwat ginn. Och do interesséiert eis déi europäesch Direktiv net. Mir hätte gär, datt och déi Politiken nationaliséiert ginn an datt et op Gemengenniveau muss méiglech sinn, iwwer säin eegent Waasser an eng deementspriechend Waasserpolitik kënnen ze bestëmmen.

Mir bleiwe beim Prinzip, datt d'Waasser e Mënscherecht ass. Mir hätte gär, datt do keng Augmentatioun geschitt. A fir de Rescht, – ech weess elo net, ob dat hei Krunnewaasser ass oder net, mä egal, et ass Waasser – kee vun eis alleguerte géif op e gutt Glas Waasser verzichten. Wéi gesot, mir wäerten dat hei net matstëmmen.

Breyer Roland, Schäffen:

Dir sidd am gaange Waasser ze drénken, wat 0,05 Euro kascht. Dat heescht et ass Krunnewaasser, wat der drénkt. No dem neien Tarif wieren et 0,05 Euro. Mer sinn eis jo och bewosst, datt mer keent vu 40 oder 50 Cent de Liter hei drénken.

Dir sot, datt der dem Prinzip vum „pollueur-payeur“ géift zoustëmmen. Wa mer dee Prinzip géife follegen – a wéi d'Waasserverwaltung de „rééquilibrage“ hei proposéiert – a mer géife just deenen, déi am meeschte verschmotzen – ewéi d'Industrien – och nach eng Faveur um Präis géife ginn, esou datt si just 0,90 Euro bei der Ofwaasserklärung an d'Waasser just 1,08 Euro géife bezuelen, da maache mer et jo just ëmgedréint. Mir wëllen eis Stéit net belaaschten, an dofir hu mer jo nach eng Kéier e „rééquilibrage“ gemaach nodeems d'Waasserverwaltung dat scho gemaach hat. Soss hätte mer deem eenzelne Stot nach mussen derbäischloen. Mir sinn der Meenung, datt et e Grondrecht ass, mä et kann een dat awer och net zum Nulltarif kréien. Mir hunn och gemierkt, datt zënter der leschter Waasserpräiserhéijung de Verbrauch, d'Verbëtzen e bëssen ofhëlt. Ebe well et vläicht e bësse méi deier ass. Well de Krunn vläicht éischter zougemaach gëtt. Well net fir alles Waasser verschwéngst gëtt. Et ass och dat Bewosstsinn wat am Fong geholl de Präis e bësse mat sech bréngt, esou datt ee méi spuersam mat deem kostbare Gutt ëmgeet. Mä et muss een d'Suen iergendwou hierhuelen. Wann dir keng Taxenerhéijung maacht, wou huelt dir se da soss hir? Gitt dir se an de Gesamtbudget sichen? Ween ass de Gesamtbudget? Dat sinn nees eng Kéier d'Privatpersounen alleguer. Op iergendeng Manéier mussen d'Sue jo erakommen. Wa se net vum Staat kommen an de Staat subventionéiert keng Waassersaachen, da muss een se bei de Leit siche goen, an da bleiwe mer bei der Gemeng. Mir ginn ëmmer iergendwéi an en Dëppe wulle wou de Steierzueler awer nees eng Kéier deen ass, deen et spiert. Hei ass kloer, all Mënsch weess, wou en drun ass. Ech kann och soen, datt déi aner Gemengen, ewéi Käerjeng, wäerten deeselwechte Wee goen an och deeselwechten Ofwaasser- a Waassertarif aféieren. Déi Suessemer Gemeng wäert och am Juli hir Entscheedung treffen am Sënn vun der Deliberatioun, déi mir elo hei virleien hunn. Déifferdeng, wéi gesot, ass schonn 10% méi héich wéi mir de Moment sinn, esou datt mer am gaange sinn, alleguer deeselwechte Wee ze maachen. Et ass also keen Alleingang vun der Gemeng Péiteng.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech hätt 2 Saachen dozou ze soen. Déi éischt ass méi prozedural. Ech sinn e bësse verwonnert, datt mer dat net an der Finanzkommissioun diskutéiert hunn. Do hätt ee vläicht nach en zousätzlechen Avis kënnen hunn. Dat ass déi éischt Saach.

Déi zweet Saach, bon, mir wësse firwat dee Prinzip vum „pollueur-payeur“ agefouert ginn ass. Et ass, fir datt mer

sënnvoll, verantwortlech mam Waasser ëmginn, well et eben e Mënscherecht ass. Mä et ass awer och net zum Nulltarif, dat wësse mer. Mer mussen awer d'Infrastrukturen iergendwéi bezuelen. Mir versichen ëmmer, dat schwéiert Gläichgewiicht tëscht Käschtepunkt a Stéit net zevill opzedrängen, mä iergendwann muss een eppes maachen.

Bon, ech sinn e bëssen enttäuscht, datt mer net déi Consideratioun ewéi déi Monnerecher Gemeng fir Stéit a fir se alleguer hunn. Och fir d'Industrie an d'Landwirtschaft. Fir ze soen, datt et e Bedierfnis ass, dat primär ass. Mir brauchen all Dag Waasser. Mir kënnen ouni Waasser net liewen. An datt mer dann e klengen Undeel gratis vun der Allgemengheet mat finanzéieren. Fir de Rescht géifen d'Tariffer dann ugepasst, mä d'Gemeng sollt dann een Deel droen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ween ass d'Gemeng, ass d'Fro? Ech stellen einfach d'Fro zeréck. Wa mer engem eppes gratis ginn, da musse mer deem aneren nees eppes bäiginn oder de Kuch, wann en erëm nei berechent gëtt, gesäit erëm aneschters aus. Mir kënne soen, dir kritt 10 Kubikmeter pro Kapp a pro Joer fir näischt. Da feelt eis duerno nach méi bei deenen net facturéierte Kubikmeteren. A wa mer dann nees deelen, wat iwwereg bleift duerch dat, wat d'Leit musse bezuelen, da geet de Präis sécherlech nees an d'Luucht.

D'Gemeng ass net anonym. Ween ass d'Gemeng? Mir schwätzen elo hei vun Zomme vu 5 Milliounen Euro wat d'Waasser ugeet. Wa mer elo soen, mer ginn 10% fir näischt, da musse mer se awer iergendwou bei en anere siche goen. Mir hu keng Mouken hei, datt ech wéisst. An de Staat gëtt eis sécherlech näischt bäi. Et ass eng Rechnung déi, esou géif ech soen, e bësse populistesch ass, well mer soen, mer ginn dir eppes fir näischt ouni awer ze soen, datt en aneren oder d'Allgemengheet et iergendwéi bezilt, op eng oder aner Manéier. Well d'Rechnung muss zesummekommen.

Mir hunn hei Donnéeë virleien, déi ëmmer variabel sinn. Dofir wëlle mer och net déi lescht Konsequenz aus deene Konklusiounen zéien. Wa mer elo géife soen, datt dat do wierklech d'Wourecht ass an datt 1,09 Euro eis feelen, da misste mer och 1,09 Euro applizéieren. Do bleift ëmmer en Zweiwel bestoen. Déi Tabelle si ganz sophistiquéiert. Do muss een Donnéeën an den Servicer sammelen, do muss ee kucken, wéivill Ingenieuren, Redaktere mer do an d'Waasser stiechen. All déi Käschten, déi mam Waasser zesummenhänken, misste jo dann opgedeelt ginn. Wéivill Gemengerot a Schäfferot kënnt an de Waasserpräis? Dat sinn zwar kleng Zommen, mä dat misst alles ventiléiert ginn. An da muss een duerno kucken, ob dat wierklech d'Wourecht ass. Do huet een ëmmer en Zweiwel, an deen Zweiwel läit ëmmer bei e puer Prozent. Dofir si mer jo higaangen a mer huelen net deen absolute Minimum. Mat deenen heiten Zuele wäerte mir en Defizit behalen. Mä dee gesi mer eréischt an 2 Joer, wa mir d'Konte maachen. 2014 huet gewisen, wat fir en Defizit mer hunn. 2017 gesi mer, wat fir ee mer 2015 haten. Mir wäerten och elo nach en Defizit behalen. Et ass net esou, datt mir eis en Jackpot kéinten uleeë fir déi gutt Zäiten. Ech weess, et ass net agreabel wann ee muss d'Taxen erhéijen. Mä et ass e Wee, wou een net derlaanscht kënnt. Et huet een awer gesinn, datt eng Reaktioun vun de Leit kënnt, wann d'Waasser méi deier gëtt.

Déi leschte Kéier hate mer jo déi Erhéijung a mer hunn net esou vill sozial Plaintë kritt – wann een esou däerf soen – wéi mir eis vläicht erwaart haten. Et ass manner verbraucht ginn. Wat natierlech erëm schlecht ass, well de Präis nees an d'Luucht geet. Well et si fix Installatiounen do, a wann een dat duerch 1.000 deelt, da kënnt esou vill eraus. Wann een dat duerch 900 deelt, da kënnt natierlech méi eraus. Et ass ëmmer e Gläichgewiicht, wou ee vun engem op deen anere sprëngt.

Becker Romain (déi gréng):

Ech mengen, mat deenen 0,05 Euro pro Liter Waasser, do kann ee schonn domat liewen, wann ee bedenkt, datt d'Leit Plastiksfläsche kafe fir méi deiert Geld. Obwuel d'Waasser net onbedéngt besser ass, mä well et zum groussen Deel geklautent Waasser ass, wou aner Leit op der Welt de Krunn net méi kënnen opmaachen a wou kee Waasser méi aus dem Buedem kënnt, well grouss Firmen dat Waasser ofkafen, a Fläche verpaken an eis dat wëllen esou eis zum Verkaf ubidden. Dofir fannen ech et gutt, datt dat nach ëmmer an der Rumm bleift. Wéi den Här Breyer gesot huet, et ass nach ëmmer defizitär, mir brauchen eis do näischt virzemaachen. Et ass net, datt mir dee grousse Boni do maachen. Mä well et regelméisseg ëmmer e bësse gehuewe gëtt, respektéieren d'Leit d'Waasser. Mir sollen dat respektéieren an net onnëtz verbëtzen. Virun allem soll een d'Leit nach eng Kéier drop hiweisen, datt se eist Waasser roueg ouni Weideres kënnen drénken, well d'Waasser ass méi kontrolléiert ewéi dat, wat an de Plastiksfläschen ze kafe gëtt.

Eng aner Saach ass déi mat der sozialer Onsécherheet vun de soziale Fäll. Do war net méi spéit wéi haut de Moien eng Pressekonferenz vum Familljeministère an dem MDDI a „My energy“, wou déi zesummekomm sinn an eng Konventioun gemaach hu fir mat de Sozialämter zesummen ze schaffen. Well et si gewéinlech déi Leit – wann d'Waasserleitung futti ass oder eppes drëpst – déi sech dat net kënne leeschte fir eppes nei ze maachen. Do ginn da Suen zur Verfügung gestallt fir d'Leit aus där Energie-Precaritéit ze hëllefen. Sief dat mam Gas, mam Stroum a mam Waasser. Do schaffen déi elo zesummen, an iwwer „My energy“ hätte mir d'Mëttele fir, wa mer feststellen, datt sozial Fäll e Bedierfnes hunn oder wa Problemer mam Waasser am Haus sinn. „My energy“ kann dohinner moossen oder kucke goe fir deene Leit ze hëllefen. Well dat ass absolut noutwenneg. Well et sinn déi Leit, déi ëmmer méi an dee Krees erakommen, well si sech keen Invest kënne leeschten.

Wéi gesot, mir droen dat do mat a virun allem, well gesot gouf, datt d'Waasser e Mënscherecht ass. Et ass awer net fir ze soen, datt, well d'Waasser e Mënscherecht ass, d'Leit et fir näischt solle kréien. Dat dierf op kee Fall esou sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech begréissen är Interventioun. Et ass richteg, datt de Moien déi Pressekonferenz war, wou een iwwer d'Press e bësse gewuer ginn ass a wou d'Méiglechkeet ginn ass, deene manner bemëttelte Leit haaptsächlech an der Energieversuergung ënner d'Äerm ze gräifen. An do wäerte mer da Richtlinne kréie fir dat och ze maachen. Ech begréissen och, datt dir fannt, datt d'Krunnewaasser gutt ass. Effektiv ass d'Krunnewaasser besser wéi d'Waasser an de Fläschen. Mer mussen och do – an do ginn ech iech absolut Recht – eng Campagne maache fir de Leit e bëssen z'erklären, wou d'Waasser hierkënnt, wat kéint dra sinn a wéi dat kontrolléiert gëtt. Hei hutt dir e kontrolléiert Produkt, dat nach natierlech ass an dat un d'Leit vermëttelt gëtt.

De Moien, wou ech meng Interventioun e bësse virbereet hunn, do hunn ech lénks a riets gefrot – ech wousst et selwer net – wat iwwerhaapt am Buttek eng Fläsch Waasser kascht. Et ass schwéier, dat gewuer ze ginn. Déi meescht si sech däers net bewosst. Beim Krunnewaasser wësse mer elo, datt et 5 Cent de Liter kascht. Am Buttek läit et bei 40 oder 50 Cent elo, deemno wat ee kafe geet an ob et méi prestigiéis ass. Ech ka mech erënneren, datt d'Suessemer Gemeng eng

Kéier eng flott Campagne gemaach hat. Si haten e Kubikmeter Waasser do stoen oder e Kubikmeter Fläsche fir ze weisen, wat et wou kascht. Et muss een de Leit dat bildlech weisen, datt dat hei eppes ass, wat net deier ass, mä datt et kostbar ass an een dat versuergen a respektéiere soll.

Gira Carlo (CSV):

Et ass scho gesot ginn, datt d'Waasser en allgemengt Gutt ass. Et kann een och elo soen, datt et der nach ëmmer ginn, déi d'Autoe mat deem Waasser wäschen, déi hir Afahrt an hir Virgäertercher kärcheren. Also ass et fir déi nach net deier genuch. Et ass immens schwéier fir et ganz gerecht ze maachen an da fir deenen, déi net vill hunn, ze hëllefen. Et ass jo gesot ginn et leeft iwwer den „Office social", mä et muss een awer oppassen, datt een do keng Käschtenexplosioun kritt, well iergendwéi muss een dat jo awer bezuelen. An ech mengen, wat een och ka soen ass, och wa mer Suen drop aspueren, een Deel bleift einfach. Ob mer elo vill oder net vill Waasser duerch eis Leitunge bezéien, d'Käschte vun de Leitunge bleiwen d'selwecht. Do kënne mer eis dréinen a kéiere wéi mer wëllen. Mer kënnen awer op dëser Plaz och nach drop hiweisen, datt ebe just déi Leit, déi jo da mengen, se misste méi dacks d'Autoe wäschen an och hir Virgäertercher nätzen, déi kënne sech jo dann och vläicht Anlagen installéieren, wou se d'Waasser kënnen opfänken an dann dat dofir huelen. Da géife mer och vläicht e bësse mat de Käschten erofkommen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir kënnen déi Consideratioune mat eranhuelen. Dat hei soll jo vum 1. Oktober u si wou mer déi nei Tariffer sollen aféieren. Mir mussen d'Lektür an deenen eenzelnen Haiser maachen an dann d'Dekonte mat deenen alen an da mat deenen neien Tariffer maachen. Mir kënnen eng Campagne maache mat all deene Saachen, mat all deenen Alternativen, déi et gi fir doheem ze botzen. Et muss net ëmmer alles sinn. Mir hu jo scho mat den Toiletten, mat der „Spülung" déi Méiglechkeeten, esou datt et kleng oder grouss Reservë ginn. Mä et kann een dat nach eng Kéier widderhuelen, datt dat nach alles ze recommandéieren ass fir d'Waasser anzespueren a fir déi Erhéijung net esou spierbar ze maache wéi se deen éischte Moment kéint sinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll nach eng Saach ënnersträichen, well ech mengen, datt dat nach net esou 100-prozenteg hei ervirgaangen ass. Déi lescht Erhéijung war den 1. Juli 2011. Elo si mer Oktober 2016, dat heescht während 5 Joer ass dee Präis stabel bliwwen. Dat beweist och ganz kloer, datt mer net amgaange sinn, de Präis an d'Luucht ze dreiwen. Den Här Breyer hat dat och gesot. No 5 Joer ass dat déi éischt Erhéijung, déi mer maachen. Ech mengen, et muss ee just aner Produkter kucken, wéi de Präis 2011 war, well dann ass déi Erhéijung, déi mer elo hei um Waasser maachen, net esou héich an d'Luucht gaangen ewéi dat bei anere Produkter de Fall war. Dofir mengen ech, datt dat hei kann ënnerstëtzt gi vum Gemengerot. Mä wéi grouss déi Ënnerstëtzung gëtt, dat héiere mer elo wann de Sekretär de Vote opmécht.

Breyer Roland, Schäffen:

Just nach ee Wuert. Mir sinn eis bewosst, datt mer den Akaf an de Verkaf vun eise Quantitéiten ënner d'Lupp huelen. De Moien hate mer nach eng Diskussioun mat eisen Techniker fir ze soen, datt dat, wat net verrechent gëtt, méi kloer muss erauskommen. Et geet net fir dat einfach am Raum stoen ze loossen, datt mer esou vill akafen an esou vill verkafen. Do ginn d'Meenungen auserneen. Do si kloer Zuelen, do si Fuitten, déi derbäi sinn an déi bei 8% leie bei de Gemengen. Mir misste besser sinn domat, well mir regelméisseg eist Netz duerchspullen a kontrolléiere loossen. Do hätt ech ganz gären eng ganz kloer Indikatioun, wéi d'Fuitte bei eis sinn. Wat nenne mer, wat net verrechent gëtt? D'Firme kéint een alleguer stutze mat engem Compteur drop. Déi sollen dat verrechent kréien. Dat si keng enorm Quantitéiten. Mä et kann awer heiansdo virkommen, datt eng Fuite an engem Waasserbaseng ass. Mer haten dat schonn. Bis déi festgestallt gëtt, geet en Deel derduerch. Alles dat solle mer emol oplëschten. Mir hunn och en Aarbechtsgrupp geschaf fir deem nozegoen a mir maachen och eis Aarbecht an der Gemeng. Et soll net sinn, datt mir d'Leitungen an alles si loossen an de Steierzueler duerno muss bezuelen. Och do wäerte mer kucke fir Verbesserungen ze sichen.

Accord par 15 voix "oui" et 1 voix "non" (adr).

6.1.

Propriétés.

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières durant le 1er semestre 2016 - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

6.2.

Propriétés.

Compromis avec la société ALEXANDRE LOC sàrl concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «rue d'Athus» - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

6.3.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Chemin de Brouck» de la part de M. Semin Civovic et Mme Nadine Tholl - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.4.

Propriétés.

Acte concernant la vente de terrains sis à Lamadelaine, dans le nouveau lotissement «An den Atzéngen» à la Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année 2016/2017 - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Déi provisoresch Organisatioun vun der Museksschoul gouf ofgeholl vun der Kommissioun de 17. Juni. Do ware mer zesummen a mer hunn déi eenzel Punkten an der Organisatioun duerchgekuckt. Mer sinn och e wéineg op déi Demanden agaangen, déi vun der Museksschoul a vun de Chargé de Course komm sinn. Ech mengen, de groussen Deel vun der Organisatioun ass bliwwen ewéi déi Jore virdrun. De Moment hu mer 380 bis 400 Aschreiwungen, iwwer 100 Stéck stinn nach aus. Et ass gewosst, datt all Joer Kanner nokommen. Haaptsächlech déi, di dëst Joer schonn ageschriwwe waren. Déi hunn ëmmer Zäit an denken, si wiere schonn ageschriwwen an datt se dat Joer duerno erëmkommen. Dat ass e Punkt, wou mer mussen oppassen a wou mer mussen nofroen, ob se sech ageschriwwen hunn. Well ech mengen, wann d'Coursen uginn, da mussen d'Stonnen an d'Klasse verdeelt sinn. Dat gëtt en Ausmooss, dat ëmmer méi spezifesch a méi schwéier gëtt, well mer jo ganz vill Schüler hunn, déi an der Maison Relais sinn. Mir hätte gär, datt déi Kanner, déi an der Maison Relais sinn an an d'Museksschoul eriwwer musse goe fir hir Coursen ze kréien – si musse begleet si well mer se jo net kënnen eleng schécken – och hir Plagë méi oder manner zesummen hunn. Dat mer och net ganz Nomëtteger hin an hir musse goen, mä datt mer déi Kanner kënne gruppeweis begleeden. Dofir si mer elo de Moment hannendru fir datt déi Aschreiwungen e wéineg méi zügeg viruginn. Et ass d'selwecht mat de „Concours publics".Do hu mer méi oder manner Zuele stoe vu Schüler, mä ëmmer mat Fragezeiche virdru well mer jo ni wëssen, wat fir Schüler prett si fir dat Joer drop an e Concours ze goen.

Déi Neierungen, déi dëst Joer kommen, sinn haaptsächlech déi an der Klasseverdeelung. Do ass bis elo ëmmer dat 4. a 5. Joer Solfège, déi zwou an d'hallef Stonne pro Woch kritt hunn. Dat geet erof op zwou Stonnen. Bei den Ensembelen ass den „Ensemble vocal pour jeunes" ewechgefall well mer eng Chargée hunn, déi extra Gesang gëtt. Déi hëlt déi Kanner all mateneen. Et sinn haaptsächlech déi, déi nach iwwreg bleiwe vun der Madame Ludwig. D'Madame Claudine hëlt déi Schüler dann elo mat an hir Grupp eran.

Dofir hu mer awer en Ensembel vu Querflütten, mir hunn der och ëmmer méi. Wat ganz wichteg ass, dat ass, datt déi Flütten och emol zesumme spillen. Dofir hu mer gesot, mer géifen e Flüttenensembel fir eng Stonn an der Woch eranhuelen. Bei den individuelle Coursë kënnt nach en „éveil instrumental" derbäi. Mir hate bis elo ëmmer den „éveil musical" a mir hunn awer gesinn, datt och en „éveil musical" fir déi Kleng ganz wichteg ass, esou datt, wa se kleng sinn, een si awer scho kann u verschidden Instrumenter eruféieren. Haaptsächlech déi Instrumenter, mat deenen déi kleng Kanner och eens ginn. Do war virgesinn, eng 20 bis 30 Minutten ze maachen, einfach esou wéi d'Kapassitéit vun de Schüler ass, an dat fir si net iwwerméisseg ze strapazéieren.

Da kënnt nach derbäi, datt all Schüler d'Recht huet op en Accompagnement vum Piano wann en an e Concours geet. Dat war bis elo am éischten Zyklus esou, datt se dräi Mol 30 Minutten zegutt haten. Bei der zweeter Mentioun haten se dräi Mol 45 Minutten zegutt, an der éischter Mentioun mam „Certificat de Passage" dräi Mol 60 Minutten, a fir den Diplom vun der „Division moyenne" haten se dräi Mol 90 Minutten zegutt. Dat gëtt elo ersat, wann dir haut domat averstane sidd, mä fir den éischten Zyklus bleift et bei dräi Mol 30 Minutten. Fir déi zweet Mentioun bleift et och. Fir d'éischt Mentioun wollte mer da véier Mol 45 Minutte ginn. Fir den „Certificat de Passage" véier Mol 60 Minutten, a fir den Diplom vun der „Division moyenne", esou datt déi sech ganz gutt kënne virbereeden, véier Mol 60 Minutten.

Dat sinn elo déi grouss Linnen, wou ee ka soen, dat sinn haaptsächlech d'Ännerungen an der Organisatioun fir dat nächst Joer. De Rescht an der Organisatioun bleift d'selwecht, et ännert sech net vill. Haaptsächlech vläicht um Trajet vun der Museksschoul, esou datt mer Kanner vun der Museksschoul eriwwerféieren. Och d'Fester solle mat de Schoulfester oder mat de Fester vun der Museksschoul koordinéiert ginn. Net datt jidderee säi Festchen a sengem Eck wëll maachen. Do si mer amgaangen drun ze schaffen, fir datt d'Chargé de Course vun der Museksschoul sech mat dem Léierpersonal an den Educateuren zesummesetzen, esou datt se hir Fester zesumme maachen. Mir sinn och nach amgaange mat de Chargé de Coursen ze schwätze fir méi Stagen z'organiséieren ewéi an de leschte Joren, well déi Aktivitéite si ganz wichteg fir d'Kanner zesummen ze kréien a fir d'Kanner och ganz gutt drop virzebereede fir zesummen ze spillen. D'Museksschoul soll jo e Liwwerant fir eis Museke sinn a wou eis Kanner hannenno souwisou sollen erugefouert gi fir duerno an engem Ensembel ze spillen.

D'Konventioune mat de Museksschoule vu Käerjeng an Déifferdeng besti jo nach ëmmer. Mir schaffen zesummen, esou datt, wa mir Demandë fir verschidden Instrumenter, déi mir hei net ubidden, hunn, déi Kanner kënne weiderleeden. An ëmgedréint kréie mir déi Kanner vun deenen Instrumenter, déi si net ubidden, esou datt mir déi Kanner dann hei bei eis an d'Coursen huelen. Ech mengen, den Direkter a mir hei am Schäfferot weisen eis och ëmmer flexibel mam Personal. Wa mer Personal hunn, dat mat op Concerten an d'Ausland geet – sief dat mam Symphonieorchester oder ewéi viru kuerzem, wéi zwou Dammen den Ensembel begleet hunn, dee mat der groussherzoglecher Koppel am Ausland war – dann ass dat e schéine Plus fir eis Museksschoul. Besonnesch wa mer kënne soen, datt mir Leit hunn, déi gefrot sinn, déi e gudden Niveau hunn a bei eis an der Museksschoul Coursen halen.

Dat soll emol eng éischt Approche fir d'Organisatioun vun eiser Museksschoul sinn. Am Oktober kënnt déi definitiv Organisatioun vun der Museksschoul. Dann hu mer och déi fest Zuele virleien. Bon, fest Zuelen ass och relativ, well et jo awer Kanner ginn, déi sech nach nodréiglech aschreiwen an anerer halen op. Et weess ee jo wéi dat ass, an et ass jo keng Mussesaach fir an d'Museksschoul ze goen. Dofir soe mer ëmmer, datt et relativ mat den Aschreiwungen ass. Mir wäerten awer op d'mannst op 500 Schüler erukommen. Dat ass och de Maximum, dee mer kënnen akzeptéieren, well mer nach ëmmer am Drock si wat d'Raimlechkeeten ubelaangt a mer och e wéineg verspreet sinn. Mä wann emol eng Kéier déi nei Museksschoul do ass, da wäert dat sech och änneren. Ech géif iech bieden, déi provisoresch Organisatioun ze stëmmen, esou datt mer weider dru kënne schaffen. An am Hierscht kann ech iech dann déi definitiv Organisatioun, wéi se da virläit, presentéieren.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Dat ass jo wahrscheinlech ganz gutt organiséiert. Et gouf elo gesot, datt d'Kanner aus der Maison Relais an d'Museksschoul hin an hir gefouert ginn. Bezitt dat sech dann och op aner Aktivitéiten? Zum Beispill a Sportveräiner. Oder ass dat ausschliisslech esou geduecht, datt déi Kanner kënnen an der Museksschoul deel huelen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass ausschliisslech an der Museksschoul, et ass net an de Sportveräiner, well soss wiere mer komplett Nomëtteger ënnerwee. An de Sportveräiner geet et esou, datt déi sech haaptsächlech ënner sech organiséieren. Mam Sportveräin oder mat den Traineren, jee nodeem wéi se d'Stonnen hunn. Et sinn der och ganz vill, déi dënschdes oder donneschdes

nomëttes Training hunn, zum Beispill am Fussball, am Volleyball oder am Basketball. Déi kommen dann net méi erëm. Si bleiwe just fir z'iessen a ginn duerno an de Sportveräin. Déi si ganz Nomëtteger an de Sportveräiner. An der Museksschoul ass dat anescht, do ass et normalerweis eng hallef oder eng Stonn. Da kommen déi erëm an da ginn se owes vun den Elteren ofgeholl.

Virun annerhallwem Mount ware mir beim Commissaire an der Stad, wou mer eis Doleancë vun de Museksschoule virgeluecht hunn, well a verschidde Gemengen an de Maisons Relaisen d'„cours d'éveil" vu Chargé de Coursen aus der Museksschoul gehale ginn. Mir hu gekuckt, wéi dat kéint verrechent ginn, well déi Chargéë musse bezuelt ginn. Do schéngt sech eng nei Logik unzekënnegen. Déi Chargéen, déi an eng Maison Relais gi fir do Course fir déi Kleng ze halen, kéinten op de Budget vun der Museksschoul iwwerdroe ginn. Mir waarden do nach op eng konkret Äntwert. Dat wier eng ganz flott Saach fir och déi kleng Kanner do kënne mat eran ze kréien a se do un d'Musek erunzeféieren.

Becker Romain (déi gréng):

Ech wollt dat och froe well ech héieren, datt et dat géif ginn an datt dat kéint funktionéiere fir datt d'Chargéë selwer bei déi Kleng ginn an d'Instrumenter virstellen an och den „éveil" maachen. Dir hutt d'Äntwert jo scho ginn. Dat kann een awer eng Kéier an d'A faasse wann een do e Schlëssel fënnt fir dat ze verrechnen. Well dat ass ganz wichteg.

An dann hunn ech nach ëmmer e Problem mat de Standuerter vum Unterrecht. Mir hu mëttlerweil 7 Standuerter. Wa mir déi kleng Kanner ronderëm féieren oder d'Eltere maachen dat, da verléieren déi jo iergendwann d'Loscht fir en Instrument ze spillen, fir Musek ze maachen, well et net an hirer Museksschoul ass. Hir Museksschoul ass nach ëmmer Péiteng. A wann déi da mussen an e Musekssall op Déifferdeng, op Kënzeg oder Käerjeng, da verléieren déi eng Kéier d'Loscht an d'Museksschoul ze goen. Wéi laang musse mer nach esou wurschtelen? Wësst dir méi? Ass eppes an Aussiicht? Wéi ass d'Zäitschinn, datt dat sech do géif ubahnen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass eppes an Aussiicht a mir si jo ëmmer amgaangen, well mer de Site vum alen LTMA emol an d'A gefaasst hunn. Gutt, um Site selwer solle jo staatlech Strukturen hikommen. A mir sinn amgaangen – well mer jo niewebäi en Terrain do leien hunn, dee ganz a Gemengenhand ass – mat engem Architekt ze rechnen an ze kucke fir e Plang iwwer dat Ganzt ze leeën. An dat fir ze kucken, ob mer déi gréisst Fläch fir eis Museksschoul kéinten dohinner setzen. De Moment gesäit dat nawell positiv aus. Mir waarden awer och nach op d'Direktioun vun der Museksschoul, déi eis nach soll matdeelen, wat si nach vu Säll brauchen. Well ech mengen, et ass esou, datt eng Museksschoul net méi funktionéiert ewéi virun 20 Joer. Do kommen aner Demanden derbäi. Wa mer eng nei Museksschoul bauen, da brauche mer jo och e gréisseren Auditiounssall wou d'Kanner oder d'Schüler kënne bei sech an der Museksschoul Auditiounen ofhalen. Mer kréie méi kleng Raim, wou och méi kleng Ensembelen emol kënnen zesumme spillen. An do hu mer einfach de Moment ze mann Säll, well mer do einfach e Problem hu fir se zesummen ze kréien. Mer kënnen se net an de Préau setzen, dat geet och net. Mer sinn e wéineg iwwerlaascht. Dofir hu mer scho gesot, méi wéi 500 Kanner kënne mer net unhuelen, obwuel d'Demande méi grouss wier. De Moment musse mer kucke fir se an aner Schoulen ënner ze kréien. Ech hoffen, wa mer elo nach ganz gutt weiderkomme mam Staat a mir sinn eis do eens wou déi eenzel Strukture stoe kommen, datt eis Strukture sech ganz kann erausschielen, esou wéi mir eis et virgestallt hunn. Well da brauche mer net nom Staat ze kucken, well mer da reng op Gemengenterrain sinn. An da kann et jo méi séier goen. Wa mer dann de Plang do leien hunn a mer sinn eis eens, da ka jo och vum Buergermeeschter d'Baugenehmegung séier erausgoen.

Becker Romain (déi gréng):

An eng eventuell Zäitschinn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Jo, wéivill Zäit brauch ee fir eng Museksschoul ze bauen? Wa mer eis do am Hierscht eens wieren a mir dann duerch d'Instanze ginn, da kéinte mer – ech hoffen – an annerhallwem Joer ufänken. Ech hätt et jo gären éischter. Ob dat natierlech ëmmer esou séier geet? Et ass ëmmer déi gutt Iddi, déi een huet, mä esou séier kënnt een net dozou. Et wier awer flott, wa mer déi esou séier wéi méiglech do stoen hätten. Well d'Bedierfnis jo do ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif gären nach eppes hei dobäisetzen. Déi vill Standuerter fir d'Course si jo awer och duerch d'Zesummenaarbecht mat Käerjeng an Déifferdeng bedéngt. Wa mer natierlech dovunner ausginn – an ech ginn emol net dovunner aus – datt mer als Gemengerot mengen, mer sollten déi Zesummenaarbecht ënnerbannen a soen, datt och wann een dann eng nei Museksschoul opriicht, datt nach ëmmer déi Méiglechkeet besteet fir d'Schüler – well mer net alles hei kënnen ubidden, well mer net esou grouss sinn an déi Demande ass jo net do – op Déifferdeng oder Käerjeng ze goen. Och fir déi Zesummenaarbecht z'assuréieren a well déi Coursen dann do ugebuede ginn. Ëmgedréint och, déi Käerjenger an déi Déifferdenger kommen och bei eis. Dee Punkt wäert sech awer net änneren. Fir datt mir hei alles kënnen ubidden, déi Mëttelen hu mer net. Wann déi Zesummenaarbecht weiderhi soll bestoen, da wäert déi Situatioun – jee nodeem, wat fir e speziaalt Instrument ee wëll léieren – och nach an Zukunft Bestand hunn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Demande war jo och ëmmer fir eng regional Museksschoul ze bauen. Mir ware jo ganz op dofir. Scho viru Joren. Awer do waren eis Nopeschgemengen net grad erfreet driwwer wéi mir mat der Demande komm sinn. Wann deemools schonn en Accord getraff gi wier, dann hätte mer – vläicht net onbedéngt zu Péiteng selwer, mä ganz no an der Ëmgéigend – eng flott regional Museksschoul stoen. A wann ee bedenkt, dann hätte mer iwwer 1.500 Kanner an der ganzer Géigend, déi géifen an eng Museksschoul goen. Dofir war et ze bedaueren, datt déi Iddi net vun eisen Nopeschgemenge mat gedroe gouf. Mä et ass nun eemol esou, et kann een näischt drun änneren. Wa se net matzéien, da kënne mer dat och net änneren. Käerjeng ass schonn op de Wee gaange fir d'Schüler an e Container ze setzen. Déifferdeng huet bäigebaut, wat och net grad ganz glécklech ass well se awer just eng gewësse Kapassitéit hunn. Gutt, mir hänken nach ëmmer do. Mä wa mir eng Kéier bauen, da wëlle mer esou bauen, datt mer soen, mer baue keng Museksschoul fir 5 oder 10 Joer, mä fir méi laang.

Stoffel Marco (LSAP):

Mat den Aschreiwungen hunn ech eng Fro. Et si Leit, déi u mech erugetruede si fir ze froen, ob et do net dran ass fir méi Méiglechkeeten ze schafe wéi just eng Porte ouverte ze maachen, an et op e puer Deeg ze verleeën oder anescht ze organiséieren. Well deene meeschte Leit ass et net méiglech fir sech op een Dag festzeleeën a wéilten awer gäre mat hire Kanner kucke kommen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass ëmmer ganz schwiereg fir méi „Porte ouverten“ ze maachen, well déi Chargé de Coursen, déi hei bei eis an der Musekssschoul sinn, net nëmme Coursen hei bei eis ginn. Déi gi meeschtens och nach anerwäerts Coursen. Heiansdo fueren si op 3 oder 4 Plazen, an dann ass ee frou, wann een se op enger Plaz huet.

Am Laf vum Joer lafe jo eng ganz Rei Auditiounen. Mir sinn amgaangen drun ze schaffe fir déi Auditioune vill méi ëffentlech ze maachen, esou datt mer do einfach op eisen Internetsite verweisen. Mer kënnen et och an der Musekssschoul aushänke fir déi Leit, déi sech dofir interesséieren. Oder fir déi, déi sech fir e gewëssent Instrument interesséieren, gëtt et jo ëffentlech Auditiounen, esou datt d'Leit dohinner kënne goen. Och wann emol Ensembelen zesumme spillen. Dat muss einfach méi gewosst ginn, och duerch d'Schoulen an duerch d'Maisons Relaisen, esou datt d'Elteren dohinner kënne goen. Fir se op méi Deeg ze maachen, dat gëtt et och an aner Musekssschoulen net. Do gi se heiansdo just e puer Stonne freides owes op maachen an dann ass Schluss. Eben duerch dee Problem, well ganz vill Chargéen a verschidde Schoule schaffen. Mä dat anert ass eng ganz gutt Iddi, déi mer amgaange si mam Direkter auszeschaffe fir datt se einfach kënnen op d'Auditiounen an d'Concerte kënne kommen.

Stoffel Marco (LSAP):

Dat ass an der Rei esou. Mä et muss ee jo net eng „Porte ouverte“ maache wou sämtlech Chargé de Course missten do sinn. Mä wann een de Leit awer een oder zwee Deeg méi d'Chance géif gi fir am Owend ze kommen a wou just en Deel vun de Chargéen do sinn, dat wier deene Leit vläicht gehollef. Mä ech fannen et awer och eng gutt Iddi fir déi Saachen opzemaachen, esou datt déi Leit wëssen, wann e Concert oder iergendeppes an där Richtung ass, datt si sech do och kënnen aschreiwen. Dat misst ee méi ëffentlech maachen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat ass méi ëffentlech wann Auditioune sinn, well wann nëmme vereenzelt Course sinn, da kommen déi mannste Leit. Si soen sech, „ech ginn net nëmme fir d'Trompett oder fir de Saxophon“. Mä wann eng ganz Musekssschoul sech presentéiert, dann ass dat eng ganz aner Ambiance. An da kënnen d'Kanner och déi eenzel Instrumenter kucken. Well heiansdo denkt een un een Instrument, an dann ass et dat awer net. Da gesäit een en anert, an da wëll een dat maachen. Wann ee just fir een Instrument geet, dann ass ee méi fixéiert an duerno seet ee sech, et hätt een awer gär en anert gespillt. Dofir fannen ech déi Iddi méi positiv.

Accord à l'unanimité.

8.

Ordre public et sécurité.

Convention avec un sapeur-pompier pour l'obtention du permis de conduire C - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

9.

Transports et circulation.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation relatif aux travaux de construction d'un immeuble sis à Rodange, route de Longwy n° 236 - confirmation.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Confirmation à l'unanimité.

10.1.

Vie associative.

Dissolution de la société «Wing Tsun Club Pétange» - information.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Il en est pris acte.

10.2.

Vie associative.

Admission de la société «Lëtzebuerger Schlager- an Volléksmusékfrënn» sur la liste des sociétés subsidiées - décision.

Explications par M. Roland Breyer, échevin.

Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

10.3.

Vie associative.

Subside de base de 250 euros à attribuer à la société «ZChicas» - décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité.

10.4.

Vie associative.

Octroi des subsides au montant de 166.344,67 euros aux sociétés et vote d'un crédit supplémentaire - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm déi normal Subsiden, déi mer de Veräiner ginn opgrond vun der Berechnung, opgrond vun de Virschléi vun deenen eenzelne Kommissiounen, déi d'Demandë gekuckt hunn an doropshin och eng Propositioun gemaach hunn. Awer och opgrond vun engem neie Reglement, dat mer den 2. Februar 2016 arrêtéiert hunn, eestëmmeg wann ech dat gutt an Erënnerung hunn.

Mir hunn déi Analyse gemaach, an d'Kommissiounen hu se gemaach. Mir hu festgestallt, datt op deem engen oder anere Punkt Schwieregkeeten opgedaucht sinn. Dofir maache mer iech eng Propositioun, déi och an der Deliberatioun wäert aktéiert ginn an iwwer déi de Gemengerot och muss entscheeden, well en autonom a fräi ass fir eng Entscheedung ze treffen.

Beim Reglement, wat mer ab dem 2. Februar 2016 applizéieren, stellt sech eraus, datt eng Rei Veräiner, déi besonnesch an der Jugendaarbecht täteg sinn, net méi esou gutt ewech kommen. An dat aus der ganz einfacher Ursaach, well se réckwierkend op 2015 keng Trainere konnten astellen an och keng Trainere konnte bezuelen. Dat neit Reglement

baséiert haaptsächlech dorop. Dofir proposéiere mer eigentlech dem Gemengerot fir déi, déi dat schonn ëmmer applizéiert hunn – dat si besonnesch Fussballveräiner, Sportveräiner, eng ganz Rei Sportveräiner, déi dat maachen – an déi dofir eng besser Situatioun kréie fir hir Ënnerstëtzung vun der Jugendaarbecht, fir do déi nei Critèren z'applizéieren esou wéi dat am Reglement vum 2. Februar 2016 virgesi war. Mä fir déi, déi eigentlech méi schlecht ewech kommen duerch d'Tatsaach, datt se 2016, wéi se d'Reglement nach net kannt hunn, réckwierkend op 2015 näischt méi konnten änneren, géife mer nach gären déi Critèren applizéieren, déi 2015 nach a Kraaft waren. An dat fir kengem Veräin ze schueden.

Natierlech, vum nächste Joer u kennen d'Veräiner déi néideg Dispositioune vun deem Reglement a kënnen „en toute connaissance de cause" agéieren. An et geet eis jo als Gemeng drëm, datt eis Sportler, eis Jugend duerch professionell oder geschoulte Leit betreit ginn. An et geet jo och haaptsächlech drëm fir dat ze entschiedegen an dem Veräin zegutt kommen ze loossen, wat en an d'Jugend investéiert.

D'Berechnung, wéi se virläit, dréit deem Rechnung, datt verschidde Veräiner no deem neie System bezuelt ginn. Anerer, déi do méi schlecht ewech kommen, ginn no deem ale System réckwierkend op 2015 bezuelt, fir datt mer do kengem Veräi schueden deen nach ëmmer eng gutt Jugendaarbecht gemaach huet. Dat ass eng fundamental Propositioun, déi op der Dagesuerdnung steet. Duerch déi Reorganisatioun vun dem Subsidereglement leien déi Subsiden, déi mer haut zur Ofstëmmung stellen, bei 166.000 Euro. D'lescht Joer waren se bei 121.000 Euro. Dat heescht, et si 37% méi. Et muss een awer wëssen, datt an deenen 121.000 Euro vum leschte Joer d'Dirigente vun de Museken net dra waren, wou se awer elo mat dra si fir méi eng grouss Transparenz fir de Gemengerot ze schafen an dësem Kontext. Et stellt ee fest, datt besonnesch bei der Jugendaarbecht eng Progressioun vu 70% vum leschten op dëst Joer ass. Do gëtt d'Jugendaarbecht méi subventionéiert. Elo leie mer wäit iwwer 40.000 Euro, wou mer virdru bei 23.000 Euro louchen. Och do mierkt een, datt dat, wat mer mat där neier Reform vun deem Reglement vun de Subsiden ëmgesat hunn, och gegraff huet. Mer wëssen, datt déi Basissubsiden eng ëmmer manner grouss Roll spillen. Dat soll och esou sinn. Déi „subsides fixes" maachen elo nach 20% vun deem ganzen aus. Mir wëllen dat och hunn, mir wëlle gären d'Aktivitéite belounen amplaz einfach de Veräiner eppes ze ginn, an dat ob se eppes maachen oder net. Dat heescht, nach just ee Fënneftel vun dëse Subside ginn als fix Zomm ausbezuelt. Fir de Rescht muss een aktiv sinn, muss ee verschidde Missiounen iwwerhuelen. Dat heescht, déi Veräiner, déi fläisseg sinn a vill schaffen, déi kréie méi. An déi Veräiner, déi leider nëmmen nach um Pabeier funktionéieren – an där hu mer der – kréien nach e Minimum fir ze funktionéieren. Mir mussen aktiv ginn. Dofir menge mer, duerch dat Reglement, wat mer hei gestëmmt hunn, komme mer eisem Zil méi no, datt mer d'Aktivitéite vun de Veräiner subventionéieren amplaz engem Veräin einfach nëmmen datselwecht ze ginn. Dat war e bëssen de Sënn. Ech géif och mengen, datt mer dat mat deem Reglement erreecht hunn. Natierlech kann een och nach lénks oder riets eppes modifizéieren. Esou e Reglement ass jo net a Stee gemeesselt. Dat kann een zu all Moment änneren, wann ee mierkt, datt et e Punkt gëtt, wou nach eppes nogebessert muss ginn. Mä ech géif awer soen, datt d'Zilsetzung erreecht ass, wann een déi Verdeelung hei an eiser Deliberatioun gesäit.

Breyer Roland, Schäffen:

Just komplementar zu deem, wat de Buergermeeschter gesot huet a wat den Zilsetzungen entsprécht. Et soll een net eng Rent als Veräi kréie wann een eng Kéier do ass an dann an der Keess passéiert. D'Missioune fir d'Gemeng solle méi entschiedegt ginn.

An déi Veräiner, déi elo duerch dat neit Reglement geschiedegt gi wieren, déi ginn elo nach eng Kéier geruff fir hinnen ze soen, datt déi Upassung gemaach gouf, an datt de Gemengerot averstane war – wann dir averstane sidd fir dee Wee matzegoen. Da kréie si d'Critèrë fir dat anert Joer gesot. A wa se net an déi Richtung ginn, da gëtt et manner. Ob et e Waljoer ass oder net. Do muss ee sech awer konsequent sinn.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dir sidd jo och mat eis op dee Wee gaangen am Februar, esou wéi mir dat dote wollten hunn. An zwar haaptsächlech fir d'Jugendaarbecht an eiser Gemeng opzewäerten. An dofir mengen ech, datt déi Iddi, déi mer elo hate fir de Veräiner dat hei virzeleeën, e ganz gudde Wee wier.

Wéi den Här Breyer gesot huet, mir gesinn d'Veräiner nach eng Kéier an da kréien se dee ganze Werdegang matgedeelt. An dann hoffe mer, dat anert Joer alles op der gudder Schinn ze hunn.

Mertzig Romain, Schäffen:

Menge Kollegen aus dem Schäfferot hiren Aussoe bleift net méi vill bäizefügen. Mir hunn awer festgestallt – ech hu mech op d'Sportveräiner konzentréiert -, datt déi Sportveräiner, déi d'Reglement direkt esou ugepasst hu wéi mer hinnen dat presentéiert hunn an déi op Zack waren, och besser ewechkommen. Awer nëmmen ënner där Bedingung, datt se hir Traineren deementspriechend bezuelt hunn an datt dat och an Zukunft sech Friichte wäert droen.

Gira Carlo (CSV):

Ech wollt just eng Kéier drop hiweisen - ech mengen, ech hat dat och gesot wéi mer dat Reglement hei virgestallt hunn a wéi dir dat elo selwer gesot hutt -, datt dat net a Stee gemeesselt ass. Do war gesot ginn, datt, wann ee géif Problemer gesinn, een och nobessere kéint. Et ass ze begréissen, datt de Schäfferot dat gemaach huet. Den Här Breyer huet gesot, et misst nach mat de Veräiner geschwat ginn. Ech si scho vu Veräiner ugeschwat ginn, déi Merci gesot hunn, datt si drop higewise gi sinn, datt se dat falsch interpretéiert oder falsch eragereecht hunn. An dat, well se gemengt hunn, et wier eréischt fir dat anert Joer. Do sinn der eben och, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, déi mussen nobesseren. Doduerch datt si méi iwwer deen dote Wee kréien, hu se och méi Méiglechkeete fir Jugendtrainere kënnen anzestellen. Fir déi, déi elo drop ugewise waren, datt se hu mussen op eege Leit zeréckgräife fir all déi Trainingen ofzehalen, ass dat awer sécher eng Verbesserung.

Brecht Guy (LSAP):

Als Verantwortleche vun de betraffene Kommissioune war et effektiv esou, datt mer eis och do strikt un dat Reglement gehalen hu wat do louch. An do sinn zu engem Deel ganz astronomesch Zommen erauskomm, déi d'Veräiner kritt hunn. Mir hunn eis verwonnert, ob de Schäfferot dat esou kéint loossen, well do waren Zommen, déi si bis op 10.000 oder 11.000 Euro gaangen. Dir wësst dat och. Veräiner ewéi d'Zumbachicas oder d'Avant-Garde, deenen hiren Dada war eben, datt am Reglement stoung, datt si un enger ëffentlecher Kompetitioun missten deelhuelen, wat si net gemaach hunn. Obwuel se awer dann eng gutt Jugendaarbecht maachen. Bon, de Ball läit elo bei iech fir do nozekucken. Mir kënnen eis net ëmmer drop baséieren, wat mer dëst Joer virgeschloen hunn, mä mussen e puer Korrekturen an deem Reglement maachen.

Perséinlech soen ech dann och, an ech soen et gäre fir déi Clibb, wou ech an der Verantwortung stinn, Merci fir dee Subsid, dee mer zougestane kruten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt vläicht am Virfeld déi Diskussioun, déi dir elo mat Zumbachicas an Avant-Garde ugeschwat hutt, erklären. Mir haten ni gesot, an et steet och net an engem Reglement, datt déi mussen u 5 offizielle Saachen deelhuelen. Mir haten deemools – ech ka mech erënneren - nogebessert, besonnesch wat d'Scouten, wat d'Avant-Garde oder d'Turnveräiner ubelaangt, well déi, besonnesch d'Avant-Garde an den Turnveräi vu Péiteng, Sportveräiner sinn, wou mir gesot hunn, se missten u Championnater deelhuelen. Do ass zu engem gewësse Moment drop higewise ginn, datt et och „Loisirs"-Sportveräiner gëtt. An do hu mer eigentlech gesot, datt et gutt wier, mir géifen net vun enger offizieller Kompetitioun – ewéi dat am Fussball an an der Liichtathletik ass - schwätzen, mä mer setzen et gläich mat engem Tennisveräin, deen u 5 Turnéier muss deelgeholl hunn. Och wa vläicht net um Championnat, mä u 5 Turnéier, u 5 Manifestatiounen. Déi Propositioun vu 5 Manifestatiounen ass vun där Säit koum. Wa mer elo mierken, datt 5 Manifestatiounen, 5 Evenementer an engem Joer zevill ass fir e Veräin, da musse mer dat och vum Veräi gesot kréien. Well dee Virschlag vu 5 ass eigentlech aus deene Rei komm a wier eng normal Saach. Dat muss näischt vun der Gemeng sinn, dat muss och näischt Offizielles sinn. Et géif schonn duergoe wann d'Avant-Garde bei enger Manifestatioun optrëtt, wou si keng Sue kréien a wou si gratis optrieden. A wann ee 5 Mol optrëtt, da gëtt dat gezielt fir aktiv Sportler, aktiv Membere vun deem Veräin. A wann dat e Jugendlechen ass, da kritt en déi Zomm. Wann een awer nodréiglech feststellt, datt dat soll zevill sinn, da muss ee sech einfach drop eenegen, datt et nëmmen 3 oder 4 Mol ass, an da muss dat selbstverständlech geännert ginn. Mä dat Reglement mat 5 Mol ass hei esou ugeholl ginn. An ech muss mech drop behaapten an et betounen, datt zu deem Zäitpunkt gesot gouf, datt dat machbar ass an datt een dat ka vun engem Jonken erwaarden, deen do aktiv ass. Wéi gesot, et ass net de Schäfferot, deen dës Zuel aus der Luucht gegraff huet, mä et ass dat, wat deemools d'Basis vun der Diskussioun war, wéi mer dee Punkt bäigesat hunn.

Et sinn 3 Voleten. Deen 3. Punkt ass bäigesat ginn. Deen een ass dee vun de Sportler, déi eng Lizenz hunn. Do sinn et 5 offiziell Kompetitiounen. Den Tennisspiller muss u 5 Turnéier deelhuelen oder 5 offiziell Matcher gespillt hunn, wou d'Federatioun eis seet, datt en do oder do gespillt huet a wat dat offiziellt Resultat ass.

De Liichtathlet muss 5 Coursë gelaf sinn oder 3 Crossen an 2 Mol 5.000 Meter, wat en ebe wëll maachen. Mä e muss der 5 lafen. An do hu mer gesot, datt et 2 Ausname ginn. Dat sinn déi Fräizäitsportveräiner ewéi d'Avant-Garde an och déi, déi am Turnveräin Péiteng sinn. Mä wa si hire Gala-Dag hunn an op engem Gala zu Schëffleng deelgeholl hunn, da mussen si eis just soen, datt deen oder deen Turner do an do deelgeholl huet. Awer ouni elo offiziell en Dokument ze hunn ewéi an enger Federatioun, wou ee wierklech Resultater huet, déi offiziell sinn. E Fussballspiller muss un esou vill Matcher deelgeholl hunn, an dat fir ze vermeiden, datt een eng Kartei vun 100 Leit huet, wou der scho 50 net méi do sinn, awer nach ëmmer matzielen. Dofir wollte mer do Kloerheet hunn. Dat war dat, wat hei virgeschloe gouf.

Och bei de Scoute muss ee 5 „Nuitée" gemaach hunn. Et geet net duer, datt ee seet „ech war bei de Scouten" an dann e ganzt Joer net opdaucht, dann zielt dat net als Aktiven. E gëtt jo och net encadréiert a brauch keen Trainer wann en ni kënnt. Dofir hu mer och bei de Scoute gesot, e misst op d'mannst 5 Mol un Nuechten oder Campen deelgeholl hunn. An de Veräi muss eis soen, datt dee Jugendlechen un esou vill Campen deelgeholl huet an en aktive Member ass. Dat war de Fong dovunner. An do ass schonn en Ënnerscheed gemaach ginn tëscht Jugendlechen, déi um Kompetitiounssport deelhuelen an deenen, déi um Fräizäitsport bedeelegt sinn.

Wéi gesot, wa sech erausstellt, datt 5 Organisatioune fir dee Jugendlechen, deen am Turnveräin ass, zevill ass, da musse mir dat gesot kréien, an da musse mer opgrond vun deenen neien Erkenntnisser an de Gemengerot kommen a soen, mir setzen dat erof op 3 oder 4 oder wat do derbäi erauskënnt.

Mä ech kann iech soen, datt d'Avant-Garde e Sonndeg hei op der Maartplaz opgetrueden ass. Déi 10 oder 15 Jugendlech hunn a mengen Aen un enger Aktivitéit deelgeholl. An et sinn der 5 pro Joer. Wann dat, wéi gesot, zevill ass, dann ass dat zevill. Gëschter sinn déi awer opgetrueden. Déi schreift een op. Déi Jugendlech, déi bei der Kapesëtzung optrieden, dat si 5 Optrëtter. Mir mech ass et hei reng eng schlecht Interpretatioun. Et ass wéi den Här Breyer gesot huet, mer mussen de Veräiner dat nach eng Kéier erklären, an da brauche mer wahrscheinlech näischt nozebesseren.

Mä sollte mer da feststellen, datt nach e Problem ass am Gespréich mam Veräin, ma da komme mer heihinner zeréck. Et ass, wéi gesot, net a Stee gemeesselt. Da musse mer eben déi Problemer do léisen. Mä d'Richtlinn ass richteg. Mir hätte gär, datt eis Jugendlech aktiv sinn an och anstänneg encadréiert sinn. A mir als Gemeng hëllefen dat och mat ze finanzéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Diskrepanz, déi hei de Moment an der Propositioun steet, ass vläicht grouss. Et muss een awer och erkläre firwat. D'Syndicat d'Initiativë stinn ënner Tourismus a sinn do fir eng Missioun z'iwwerhuelen, an zwar d'Entwécklung vum Tourismus an déi touristesch Attraktivitéit vun der Gemeng. Doropshin hunn déi 2 Syndicaten e Budget „prévisionnel" mussen eragi mat deem, wat si alles wëlles hunn ze maachen. An dat am Sënn vun deene Missiounen, déi si solle maachen. Opgrond vun deene Propositiounen huet de Schäfferot e Virschlag gemaach fir dem Rodanger Syndicat, nieft dem Basissubsid vu 1.630 Euro - den Interesseveräin huet 1.610 Euro kritt, do ass also keng Diskrepanz - nach 3.000 Euro derbäi ze ginn an der Erwaardung, datt se dat maache wat se wëlles hunn ze maachen. Dat kann een awer doséieren.

Bei der Konscht-Millen ass et eng Spezialmissioun. Do hu mer hei am Gemengerot festgehalen, datt si 30.000 Euro d'Joer solle kréie fir Missiounen z'entwéckelen, déi am kulturelle Beräich leien. Si kréien awer emol en Akkont, an da gëtt emol gekuckt, ob si dat maachen. Dat kënne mer och an deem heite Fall maachen. De Kredit ass do, mä da muss een och kucken, ob dat weidergeet. Se hu Projeten eraginn, an et soll een se och net verdame fir dat, wat se wëlles hunn ze maachen. Si haten e schlecht Joer, et waren der vill krank. Ech hunn d'Ursaachen, firwat se dat net konnte maachen, op säitelaange Bréiwer gelies. Se sollen eng Chance kréien. Déi Sue mussen net verschleidert ginn. Mir kënnen se och doséieren a soen, se kréien emol 1.000 Euro a kucken da wéi et weidergeet.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Et ass scho villes gesot ginn iwwer de Sportveräin, iwwer de Fräizäitveräin ewéi d'Avant-Garde, wou ech laang Zäit Presidentin war. Ech hat si och opmierksam drop gemaach an och am Gemengerot gesot, datt si jo kee richtege

Sportveräi sinn. Si sinn och nach federéiert, mä si gi jo net op Kompetitiounen, déi virgeschriwwe sinn. Dat ass jo an d'Rei gaangen an nogebessert ginn. Iwwregens och bei de Scouten a bei aner Saachen. Ech fannen et och eng gutt Saach datt, wann et net richteg verstane ginn ass an der Kommissioun, oder egal wou, a wann et vläicht net richteg eragi gouf, de Schäfferot dat an d'Hand geholl huet an dat nogebessert ginn ass. Well soss wieren déi jo wierklech ganz schlecht ewech komm.

Wat och nach flott ass a wat och gutt ass, dat ass, datt dir se elo rufft an hinnen da wierklech erkläert, wat se musse maachen a wat se kënne maachen. Ech mengen, da mussen se dat jo richteg maachen. Wa si et dann nach net richteg maachen, dann hate se awer keng Chance. Si hunn déi Chance dann och ergraff, well dat ass jo awer ëmmer eppes, wat se no bausse weisen. E Veräi weist sech jo awer flott no baussen an ass bei alles derbäi. Genau wéi d'Zumbachicas, mä déi konnten d'lescht Joer nach net derbäi si, well se nach net op där offizieller Lëscht waren. Dofir denken ech, datt, well se jo d'Gemeng gutt dobausse vertrieden, dat anert Joer dat och richteg maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ganz richteg. Ëmmer wann een en neit Reglement mécht, a besonnesch wann een et retroaktiv mécht – mir hunn et jo am Februar gestëmmt a mir berechne jo d'Subside vun 2015 -, dann ass et natierlech schwiereg. Dofir proposéiert de Schäfferot dem Gemengerot – wann deen averstanen ass – fir bei deene Leit, déi méi schlecht ewech kommen, dat ze verbesseren. Dat anert Joer, wann elo jiddereen et nach eng Kéier gesot kritt an de Punkt gemaach gouf mat de Leit, da wäert dat nach besser goe wat dat doten ubelaangt.

Ech ginn och dovunner aus, datt déi Zomm dann nach erop geet, well et muss ee wëssen, datt mir als Gemeng awer e substantiellen Effort gemaach hunn. Mir hunn déi budgetär Zommen, déi mer de Veräiner zur Verfügung stellen, ëm 50% gehéicht. Mir wollten se just geziilt asetze wou d'Aktivitéite sinn an net mat der Strenz dat bei jidderengem gläichméisseg verdeelen. Mir wëlle gären déi Veräiner, déi aktiv sinn – ewéi dir richteg sot – ënnerstëtzen. An déi Veräiner, déi am Aflafe sinn a just nach um Pabeier bestinn, déi wëlle mer net nach zousätzlech ënnerstëtzen. Déi behalen dat, wat se hunn, mä se sollen awer elo net duerch dat, wat mer bäiginn, méi kréien. Domat géife mer als Gemeng net dat richtegt Zeeche setzen. An ech géif scho mengen, wa mer elo nach eng Kéier eng Diskussioun gefouert hunn, datt dat och wäert klappen.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech kann op jidder Fall am Numm vun deene Veräiner, déi eng ganz gutt Jugendaarbecht leeschten, soen, datt déi zefridde sinn. D'Installatioune si jo an der Rei, an elo gëtt och nach e bësse finanziell ënnerstëtzt fir Traineren ze bezuelen - dat hunn ech scho laang Jore gefrot. Dirigenten, an hei an do, gi bezuelt, mä an de Jugendberäicher – elo ass et am Sport nach net esou – do si se schwéier ze fanne well se alleguer nëmmen éischt Equippe wëllen trainéieren oder wéinstens bei Seniore wëllen optrieden. Dofir ass dat hei wierklech eng anschaulech Geschicht.

Wat de Buergermeeschter och elo richteg gesot huet, dat ass, datt déi Veräiner, déi einfach nëmme vegetéieren a keng Aktivitéite méi hunn, déi soll een net dobäi loossen, mä et soll ee se lues a lues vun der Lëscht erofhuelen. Ech géif soen, datt déi Veräiner, déi nach aus 2 Leit am Comité bestinn, keng Generalversammlung maachen, an hei an do, an nach 500 bis 800 Euro kréien, datt déi zevill iwwerwise kréien. Dat ass meng Meenung.

Gonçalves Cátia (LSAP):

U sech hätt ech dat och kéinten an deenen 2 Punkte virdrun, oder éischter am Punkt 10.2. soen. Mir schwätzen hei vun der Zilrichtung vun de subsidiéierte Veräiner. Ech si komplett averstane mat der Zilrichtung, an et ass och wichteg, datt mer d'Aktivitéiten honoréieren an net just d'Bestoe vun enger Associatioun. Ech hunn dat schonn eng Kéier hei gefrot am Kader vun de Verbesserunge vum Subsidereglement. Vläicht net d'Reglement, mä d'Informatiounsquell, wéi een esou eppes ufreet. Et kann een eventuell e Formulaire op de Site vun der Gemeng stellen, wou een dat freet.

Dir hutt gesot, datt d'Lëtzebuerger Schlagerfrënn eng Demande am Abrëll gemaach hunn. Wéi gesäit déi Demande aus, u wie geet déi Demande? Dat sinn esou Informatiounen, déi d'Associatiounen net hunn. Et ass dann esou, datt et iwwer ee geet, deen ee kennt, an esou weider. Et wier vläicht besser, datt mer och dee Werdegang méi transparent maachen an datt jiddereen déiselwecht Chancen huet fir esou eppes unzefroen an eis eng Prozedur ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hate virun enger Zäit, wou d'Subsidereglement koum ass, d'Veräiner an eng Opklärungsversammlung geruff. Virun zwee Joer hate mer eng gréisser Opklärungsversammlung, wou mer de Veräiner erkläert hunn, wat mir ënner engem Partenariat verstinn. Dat ass och net vun all Mënsch esou verstanen an akzeptéiert ginn. Wat ass e klenge Partenariat, e groussen oder e „partenariat privilégié"? Wat muss een dofir erfëllen? Dat hu mer erkläert. Dat kann een nach eng Kéier maachen. Et kéint ee sech awer och virstellen, datt z.B. eng Perola dat géif maachen. Datt déi am Sënn vun der Gewerkschaft vun de Veräiner géif hir Memberen informéieren, wat de Wee ass a wat d'Chancë sinn. Mä mir maachen dat awer och nach ganz gären eng Kéier als Gemeng.

Brecht Guy (LSAP):

Dierf een dann an enger Generalversammlung de Veräin informéieren, wat e falsch gemaach huet?

Breyer Roland, Schäffen:

Jo, se sollen et besser maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Sou, ech géif trotzdeem elo virschloen, de Vote ze maachen, esou datt mer deen duerch hunn. Wéi gesot, mat deene Subsiden, déi mer ausbezuelen an deene klenge Supplementen, déi mer musse stëmme bei deenen Artikelen, wou et just net duergeet fir déi Subsiden auszebezuelen, déi mer haut hei entscheet hunn. An dat, fir datt mer och do déi néideg Kreditter erhiewen.

Accord à l'unanimité.

Intervention de Mme Gonçalves Cátia (LSAP) concernant sa démission comme membre du conseil communal.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech wollt eigentlech vun dëser Geleeënheet profitéiere fir iech op offiziellem Wee ze soen, datt ech op den 1. September aus dësem Haus demissionéieren. Ech mengen, déi meescht vun iech hunn dat schonn e bësse gewosst. D'Ursaachen dofir si perséinlecher a berufflecher Natur. Fir déi, di mech kennen, déi wëssen, datt ech zimlech op Zack sinn an ech d'Saache gären intensiv a vollkomme maachen. Ech maachen d'Saachen net gären hallef an et ass nun emol

esou, datt ech virun engem oder 2 Joer e Beruff oder engem neie berufflechen Challenge nogaange sinn, deen extrem intensiv ass, zäitopwenneg an energieopwenneg ass. An dat mécht mer d'Saach ganz schwéier fir nach hei mäi Mandat komplett auszeüben. An dofir hunn ech déi Entscheedung elo getraff.

Bon, et ass eng Entscheedung, déi natierlech net einfach ass. Péiteng ass meng Heemecht. Et ass d'Heemecht vu mengen Elteren. Si hu sech hei niddergelooss. Si hu sech hei zu Péiteng viru 44 Joer kennegeléiert. Déi meescht wëssen dat vläicht net. An et ass och zu Péiteng, wou se hir zwee Kanner groussgezunn hunn. An ech hat déi onheemlech Chance fir hei während 5 Joer an dësem Haus konnte mat ze entscheeden. Et ware wierklech ganz gutt Momenter an dofir sinn ech och an där ganz emotioneller Lag. Et waren och deelweis ganz schwéier Momenter. Dir wësst, ech war nach e bësse méi jonk. Ech hunn nach misste verschidde Saache léieren an ech muss soen, déi 5 Joer ware fir mech eng ganz gutt Léier, fir mat iech alleguerten heibannen zesummen ze schaffen, mat ville Saache konfrontéiert ze ginn, déi net esou einfach waren. Mä dat ass nun emol esou an der Politik. Et huet ee Victoiren, et huet een och Nidderlagen, et huet een och Saachen, déi ee vläicht net op en Enn bruecht huet. Dat ass och en Deel, dee vläicht méi traureg ass.

Mä ech muss soen, ech sinn immens dankbar, datt ech dëst Mandat hei konnt ausféieren. An ech wollt och hei de Péitenger Bierger, de Bierger aus der Gemeng Péiteng e ganz grousse Merci ausschwätzen, ouni déi et wierklech guer net méiglech gewiescht wier. Ech wëll och der Administratioun a besonnesch deene Kollegen, mat deenen ech méi enk zesummegeschafft hunn, och e ganz grousse Merci soen. An iech hei alleguerten och. Ech mengen, mir haten eng ganz gutt Kollegialitéit an ech muss soen, dat ass och eppes wat flott ass. An ech denken, datt een an der Lokalpolitik e bësse muss iwwert säi Schiet sprangen. Et dierf een net no politesche Faarwe kucken, soss komme mer net virun. An ech denken, datt – och wann nach Verbesserungsbedarf do ass – ee misst dach op där Schinn weiderfueren an onbedéngt kucken, datt mer fir d'Bierger do sinn an net fir eng Partei ervirzebréngen.

De Moment ass elo fir mech komm, fir en neit Kapitel a mengem Liewen unzegoen, mat där selwechter Dynamik, mat deem selwechten Engagement a Léift fir dëst Land. An dir wësst, d'Gemeng Péiteng an dir alleguerte wäert och weiderhin op alle Fall eng ganz besonnesch Plaz a mengem Häerz behalen. Ech soen iech Merci.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do wëll ech elo net vill dobäi soen. Ech mengen, dat lescht Wuert war fir d'Madame Gonçalves. Mir kréien nach d'Geleeënheet fir dat dann och nach an engem anere Kader vläicht da richteg ze feieren. Et soll een awer och en neien Challenge – deen op een zoukënnt – kënnen ugoen. Ech mengen, alles huet en Enn, mä dann huet een erëm en neien Ufank, eppes aneschters, wat een interesséiert a wou ee begeeschtert dovunner ass. An ech wënschen Iech an eisem Numm vill Freed an där neier Missioun, déi sécherlech – an ech weess, watfir eng et ass – eng ganz wichteg Missioun fir eist Land wäert duerstellen.

Gemeinderatssitzung vom 11. Juli 2016

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)		**Breyer Roland**, 1. Schöffe (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2. Schöffe (CSV) **Mertzig Romain**, 3. Schöffe (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV) **Rosenfeld Romain** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Gonçalves Cátia** (LSAP)**Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Thein Joe** (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Tockert Claude (DP)

1. bis 3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig entschieden, folgende Abstimmungen zu veröffentlichen:

Ernennung eines Redakteurs (w/m):

Frau Loredana Lapenna aus Strassen wird als Redakteur ernannt.

Ernennung eines Hilfserziehers (w/m)

Frau Cindy Holcher aus Rodange wird als Hilfserzieherin (10 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Ernennung mehrerer Diplomerzieher (m/w):

Frau Audrey Hipp aus Merscheid wird als Diplomerzieherin (Vollzeit und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Herr Alain Schmitz aus Mamer wird als Diplomerzieher (35 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Die Damen Mélanie Mendes aus Zolwer, Ana Claudia Da Silva Santiago aus Petingen, Michelle Raus aus Ehlingen/Mess und Bianka Gabriella Thoth aus Petingen werden als Dilpom-erzieherinnen (30 Stunden pro Woche und auf unbegrenzte Zeit) eingestellt.

Rücktrittsgesuch eines Kursleiters der Musikschule:

Dem Rücktrittsgesuch von Herrn Christian Peckels betreffend seinen Posten bei der Gemeindeverwaltung Petingen wird mit Wirkung vom 01.09.2016 stattgegeben.

Ernennung eines Kursleiters (w/m):

Herr Daniel Lang aus Aspelt wird als Kursleiter (Teilzeit und auf unbegrenzte Zeit) des musikalischen Elementarunterrichts der Musikschule mit Wirkung vom 15.09.2016 ernannt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Pierre Mellina, Bürgermeister, gibt bekannt, dass ein Brief an Herr Paul Weidig, Präsident des Syndikats Sidor, gesandt wurde, in dem der Schöffenrat seine Unzufriedenheit über den Verteilerschlüssel betreffend die Vertreter pro Einwohnerzahl der Mitgliedsgemeinden des interkommunalen Syndikats Sidor – so wie es die neuen Statuten vorsehen – äußert.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 2.005.453,39 Euro, darin inbegriffen ist die staatliche finanzielle Beteiligung im Rahmen des „Pacte Logement“ mit 1.118.542,50 Euro - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Staatliche finanzielle Beteiligung im Rahmen des „Pacte Logement“ sowie Abstimmung über einen Spezialkredit über 1.118.542,50 Euro - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Allgemeine Gebührenverordnung – Änderung der einzunehmenden Tarife und Gebühren in Bezug auf den Wasserverbrauch – Beschluss.

Beschluss mit 15 Stimmen und 1 Gegenstimme (adr).

6.1. - Liegenschaften.

Verkauf von Grabkonzessionen und Kolumbarien auf den Friedhöfen im ersten Semester 2016 – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

6.2. - Liegenschaften.

Vergleich mit der Gesellschaft „ALEXANDRE LOC sàrl“ bezüglich des Grundstückverkaufs am Standort „rue d‘Athus“ in Petingen - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.3. - Liegenschaften.

Akt bezüglich eines Grundstückkaufs am Standort „chemin de Brouck“ von Herr Semin Civovic und Frau Nadine Tholl - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

6.4. - Liegenschaften.

Akt bezüglich des Verkaufs von Grundstücken am Standort „An den Atzéngen“ in Lamadelaine an die „Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ (SNHBM) – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig. Frau Birtz hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7. - Musikunterricht.

Provisorische Organisation der Musikschule für das Jahr 2016/2017 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Öffentliche Ordnung und Sicherheit.

Konvention mit einem Feuerwehrmann zwecks Erhalt des Führerscheins der Klasse C - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

9. - Transport und Verkehr.

Zeitweilige Verkehrsdringlichkeitsverordnung bezüglich der Arbeiten am Bau eines Gebäudes in der route de Longwy N° 236 in Rodange – Bestätigung.

Bestätigung einstimmig.

10.1. - Vereinsleben.

Auflösung des Vereins „Wing Tsun Club Pétange“ – Information.

Es wurde hiervon Kenntnis genommen.

10.2. - Vereinsleben.

Aufnahme der Vereinigung „Lëtzebuerger Schlager- an Volléksmusékfrënn“ in die Liste der subventionierten Vereinigungen.

Beschluss einstimmig. Herr Stoffel hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

10.3. - Vereinsleben.

Basiszuschuss über 250 Euro ist an die Vereinigung „ZChicas“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.4. - Vereinsleben.

Gewährung der Zuschüsse über 166.344,67 Euro an die Vereinigungen sowie Abstimmung über einen zusätzlichen Kredit - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

Zusätzliche Auskunft.

Frau Cátia Gonçalves (LSAP) kündigt ihren Rücktritt als Mitglied des Gemeinderates der Gemeinde Petingen mit Wirkung zum 1. September 2016 an.

Questions des conseillers communaux
Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 31 mai 2016 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Moderniséierung vun der Demokratie

Nodeems d'adr schonns eemol d'Initiativ geholl hat fir eis Demokratie zu Péiteng ze moderniséieren, sou e.a. mat eiser Fuerderung no engem Livestream mam Zil, d'Gemengerotssëtzungen iwwer Internet an eise Péitenger Infokanal ze streamen, stellt d'adr fest, datt bis op eng eenzeg Testphase, d'Iddi vum Schäfferot leider net weiderentwéckelt, an och net weider suivéiert gouf. D'adr mécht dowéinst, nach eng Kéier op hir Propose opmierksam, a fuerdert eng besser politesch Kommunikatioun a méi Transparenz.

D'adr weist sech awer och gläichzäiteg erfreet iwwert déi nei Internetsäit, an d'Facebookpresenz vun der Gemeng, déi Péiteng nei Kommunikatiounsméiglechkeete gëtt. Mam Interessi fir Reformen, proposéiert d'adr mat dësem Schreiwes, och eng intern Moderniséierung a Facilitéierung vun eisem Aarbechtsfunktionnement am Gemengerot, a fuerdert ee "vote électronique" deen de Rondgang mat der Urn vum Gemengesekretär ersetzt.

D'adr freet de Schäfferot mat Referenz op hirt Schreiwes:

1. Wéi steet et ëm d'Konzept vum Livestream, deen d'adr deemools als Iddi vu méi Transparenz an Informatioun an d'Gespréich bruecht huet?
2. Wéi steet de Schäfferot zur Propose, ee vote électronique anzeféieren, an domat och eisen internen Aarbechtsfunktionnement ze moderniséieren?

Réponse écrite du 29 juin 2016 du collège des bourgmestre et échevins:

De Schäfferot huet no enger Testphase musse feststellen, dass de Livestream vun de Sëtzunge vum Gemengerot keng gutt Léisung ass. Et gouf dofir decidéiert een anere Wee ze goen, ee Wee deen duerch eisen neien Internetsite méiglech ginn ass. An zwar kënnen d'Leit elo Punkt fir Punkt vun all Sëtzung doheem lauschteren. Eise Service Relations publiques stellt di jeeweileg Audio-Opname kuerz no der Sëtzung op eise Site. Esou konnt een d'Gemengerotssëtzung vum 6.6.2016 schonns ab dem 7.6.2016 Punkt fir Punkt am Internet lauschteren (Virstellung vum Schäfferot, d'Interventioune vun de Conseilleren an dem Vote). Méi schnell a méi transparent geet et nun awer mol wierklech net méi!

Den elektronesche Vote ass alles anescht wéi eng einfach Léisung an de Gemengen, well mer äusserst komplizéiert a variabel Ofstëmmungsprozeduren hunn, virun allem bei Personalfroen. Hei geet et net duer mat engem einfache Knäppchen OUI/NON/ABSTENTION, mä hei bräicht een dann een zousätzleche Computer fir all Conseiller um Dësch vum Gemengerot, eng Projektioun an ee Moyen fir de Vote op an zou ze maachen. Esou laang d'Gemengegesetz de Vote net reforméiert an un d'Technik oder d'Informatik vun haut upasst, ass et schwéier eng besser Léisung ze fannen, wéi déi aktuell mat de Stëmmziedelen an der Urn. Et gi Gemengen, do muss all Conseiller opstoe fir säi Stëmmziedel an eng Urn ze geheien, zu Péiteng kënnen se sëtze bleiwen. Falls mer enges Daags eng besser Léisung fannen, si mer als Schäfferot an als Verwaltung sécher net dergéint fir nei Weeër ze goen. Ma déi musse mer mol nach fannen!

Schliisslech ass och nach ze bemierken, dass d'Sëtzunge vum aktuelle Gemengerot an der Moyenne bis elo 3 Stonne gedauert hunn, wat jo awer näischt zevill dierft si fir dëse wichtege Gremium.

Question écrite du 31 mai 2016 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Péiteng Aktuell

Nodeems d'adr och an der Kommunikatiounspolitik a bei der Informatioun um Bierger, eise Gemengeservice entspriechend wëll optimiséieren a verbesseren, ass et besonnesch de Gemengenanalyteschen „Péiteng Aktuell" dee fir ons eng zentral Roll an dëser Aufgab spillt; hei stellt d'adr fest, datt e.a. d'Publikatioun baal een halleft Joer Retard weist, an esou déi politesch Informatioun net zäitgeméiss ass. D'adr huet och mat Onzefriddenheet misste feststellen, datt op e Neits an der Dezembereditioun 2015, Riede vun der adr, net exakt respektiv feelerhaft erëmgi goufen. Deementspriechend fuerdert d'adr, datt den Analyteschen an engem verständlechen Délai veröffentlecht an un d'Stéit verdeelt gëtt. Mir bieden iwwerdeems och ëm ee Rectificatif vun der adr-Interventioun am Punkt 8.5 vun der Gemengerotssëtzung vum 18. Dezember, wou steet „Ech wollt d'Madame Conter froen, ob si mir ka soen wien am Fong vun deenen Appartementer kann Usproch huelen", mä wou de richtegen a geneeë Wuertlaut, deen heite gewiescht ass: „Ech wollt d'Madame Conter froen, ob si mir ka soen, wien amfong dës Appartementer an Usproch huele kann (...)".

Méifach ass e.a. och dat Wuert „am Fong" hei, an aneren redaktionnelle Passage benotzt ginn, déi e mëssverständleche Message erëmginn, vue que datt „amfong" een Adverb vum metaphoreschem Ausdrock ass (wat och hei gemeng gewiescht ass), an „am Fong" éischter dem substantive Synonym „Grondlag" entsprécht.

D'adr erënnert och gären drun, datt mir schonns eng fréier Kéier, ëm ee Rectificatif gebueden hunn, vue que datt aus der Partei „adr", wuel ongewollt, den däitsche Fernsehsender „ARD" gouf. Mir wiere wierklech frou, wann esou lërrtemer, net méi gemaach ginn. Mat Bezuch op dëst Schreiwes freet d'adr,

- Kann de Schäfferot an Zësummenaarbecht mam „Service des relations publiques" déi néideg Démarchen huelen, datt d'Publikatioun korrekt am Inhalt, an d'Verdeelung am zäitlech korrektem Timing zu de Gemengerotssëtzungen, stattfënnt?

Réponse écrite du 29 juin 2016 du collège des bourgmestre et échevins:

Am Règlement interne, deen de Péitenger Gemengerot sech de 17. Februar 2011 eestëmmeg ginn huet, steet am leschten Abschnitt vum Artikel 5:

« Les membres du conseil communal peuvent, dans les quinze jours qui suivent la parution d'un bulletin communal, soumettre au collège des bourgmestre et échevins des propositions de rectification concernant leurs propres interventions qui, si elles s'avèrent justifiées, paraîtront dans la prochaine édition du bulletin communal. »

Dëst Recht fir gegebenefalls e Rectificatif ze froe sollt een net vermësche mam Recht fir de Conseiller politesch Froen ze stellen, esou wéi dat an Ärem Bréif elo geschitt ass. De Schäfferot gräift, aus politescher Fairness a Korrektheet, net an eng „Demande de Rectification" an, well jidderee vun de 17 gewielte Gemengevertrieder soll d'selwecht behandelt ginn, inklusiv déi 4 Membere vum Schäfferot. Hie gëtt dofir all deementspriechend Ufro un den zoustännegen Service weider, dee lauschtert d'Band nach eemol of a stellt hien da fest, datt d'Reklamatioun berechtegt ass, publizéiert hien ewéi virgesinn e Rectificatif am nächste „Bulletin communal". An deem Sënn hu mir Är Ufro un eise Service Relations publiques weider geleet a gi selwer net drop an.

De Schäfferot stellt fest, dass hien an de leschte Jore bal keng esou Demande kritt huet, ausser, wéi Dir schreift, zwou vum adr. Dobäi muss ee feststellen, dass et sech bei der 1. Ufro ganz einfach ëm een Tippfeeler gehandelt huet, wat ëmmer an iwwerall emol ka virkommen. An anere Wierder, eise Service Relations publiques mécht betreffend d'Berichterstattung eng super Aarbecht, esou datt de Schäfferot net brauch, wéi den adr freet, déi néideg Démarchen ze huele fir datt d'Publikatioun korrekt am Inhalt stattfënnt.

Wat de Retard betrëfft, esou hat de Schäfferot sech den 18. Mäerz 2016 mat dem zoustännegen Service zesummegesat fir ze kucken, wisou et konnt zu deem Retard kommen, a virun allem wéi mer dëse Problem geléist kréien. Zesumme goufen Tëscheléisunge fonnt an decidéiert, an awer och eng laangfristeg Léisung, fir datt den Analyteschen an engem kuerzen, akzeptabelen Délai un d'Leit ka goen. Den ugesammelte Retard ass an der Tëschenzäit bal ganz opgeschafft. De Schäfferot brauch deemno och a Punkto Publikatioun vum „Péiteng Aktuell" net méi, esou wéi den adr dat elo freet, déi néideg Démarchen ze huele well dëse Problem scho virun e puer Méint am géigesäitegen Averständnes geléist ginn ass.

Question écrite du 31 mai 2016 de M. Joe Thein (adr):

Betrëfft: Raimlechkeete fir d'Veräinsliewen

Nodeems d'adr am Gespréich mat de Bierger, oft op d'Situatioun ugeschwat gouf, datt et an der Gemeng u Raum a Raimlechkeet fir dat lokaalt Veräinsliewe feelt, an d'adr hei besonnesch gär d'Beispill vun de Sports- a Sozialveräiner nenne wëll, läit et der adr um Häerz, fir mat dësem Schreiwes beim Schäfferot z'intervenéieren, an ëm eng entspriechend Léisung op dësen desagreabelen Ëmstand, ze fuerderen.

An dësem Kontext, huet d'adr e puer interesséiert Froen un de Péitenger Schäfferot:

1. Ass dem Schäfferot d'Situatioun bewosst, datt et un disponibele(m)/adequate(m) Raimlechkeeten a Raum fir d'Veräinsaktivitéite feelt?
2. Wat sinn d'Iddien an d'Projeten déi de Péitenger Schäfferot envisagéiert a proposéiert, fir d'Situatioun entspriechend ze verbesseren?
3. Kann de Schäfferot mat senger Politik garantéieren, datt all Veräin déi selwechte Chancen, Moyenen an Akzeptanz fënnt, fir hirer entspriechender Aktivitéit nozegoen? Wa Jo, wéi erkläert de Schäfferot d'Reklamatiounen?

Réponse écrite du 29 juin 2016 du collège des bourgmestre et échevins:

Dem Schäfferot ass net bekannt, dass et un disponibelen/adequate Raimlechkeeten a Raum fir d'Veräinsaktivitéiten an eiser Gemeng feelt.

Fir d'éischt ass ze soen, dass vill an eiser Gemeng fir d'Veräiner gemaach ginn ass, respektiv nach gemaach gëtt.

Hei e puer Beispiller:

Nei Versammmlungsméiglechkeete sinn entstanen, wéi z.B. d'Buvette am Centre Sportif Bim Diederich zu Péiteng oder d'Buvette am Hall polyvalent zu Rodange.

Weider Säll sinn och an der Planung, wéi z.B. am neie Scoutschalet zu Rodange, am Rouden Haus zu Péiteng. Och sinn nei Raimlechkeete fir d'Amis de l'Histoire am ale Presbytère zu Rolleng virgesinn.

Am Kader vum Plan Pluriannuel de Financement (PPF) huet de Schäfferot virgesinn, fir een Entrepôt ze fannen, fir kënnen e.a. och d'Material vun de Veräiner ze stockéieren, hei besteet effektiv ee grousse Besoin.

Och besteet eng Konventioun mam Lycée Technique Mathias Adam, wou d'Gemeng an och aner subsidéiert Veräiner oder Associatioune kënne Säll profitéieren, z.B. de Syndicat d'Initiative vu Péiteng fir seng verschidde Sproochecoursen.

De Schäfferot well och betounen, dass mat deene ville Veräiner / Associatiounen an eiser Gemeng et net méiglech ass, jidderengem ee Sall zur Verfügung ze stellen, deen da meeschtens eidel steet. D'Iddi steet fir eng méi effizient Benotzung vun de Gemengeraimlechkeeten.

D'Veräiner hunn ewell d'Méiglechkeet fir kënnen eng 'réservation de salle' iwwer den Internetsite (www.petange.lu, Rubrik "Vie associative / Organisation de manifestations") vun der Gemeng ze maachen. Do ass eis Gemeng ganz modern a userfriendly ginn, betreffend d'Veräinsliewen.

Dem Schäfferot si keng Reklamatiounen, wat Är Froen ugeet, bekannt.

NOUVEAUX NUMEROS TELEPHONIQUES à partir du 19.09.2016

ADMINISTRATION COMMUNALE DE PETANGE

BP 23 L-4701 PETANGE FAX: 50 12 51-2000

heures d'ouverture lundi, mardi, jeudi et vendredi: de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30
mercredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 18.30

Standard téléphonique: 50 12 51 – 1000

www.petange.lu **Email: commune@petange.lu**

Collège des bourgmestre et échevins (Hôtel de Ville)
consultations sur rendez-vous

50 12 51-2011 / 2012	MELLINA Pierre, bourgmestre
50 12 51-2011 / 2012	BREYER Roland, échevin
50 12 51-2011 / 2012	CONTER-KLEIN Raymonde, échevin
50 12 51-2011 / 2012	MERTZIG Romain, échevin

Département administratif (Hôtel de Ville)

SERVICE SECRETARIAT GENERAL

50 12 51-2011 / 2012	Rendez-vous avec le collège échevinal, commission des loyers, téléalarme, logements communaux
621 192 581	Repas sur Roues

SERVICE OFFICE DES CITOYENS

Front office — Bureau de la population

50 12 51-2021	Changement d'adresse (arrivée/départ), certificats divers, adhésion chèque-service, vignette parking résidentiel, cartes d'identités, permis de pêche, demande de passeports biométriques, copies conformes, légalisation de signatures

Back office — Etat civil et indigénat

50 12 51-2028 / 2027	Mariages, partenariats, décès, cimetières, listes électorales, naturalisations

SERVICE CULTURE ET COMMUNICATIONS

Relations publiques

50 12 51-2077 / 2076	Info-Canal, bulletins communaux, site Internet

Coordination des fêtes

50 12 51-2071	Organisations communales

Associations locales et informatique

50 12 51-2072	Clubs, réservations de salles, informatique
50 12 51-2074 / 2073	Informatique

Tourisme, Mémoire collective

50 12 51-6150	Informations touristiques et visites guidées

SERVICE ENVIRONNEMENT, GESTION EAU & ORDURES

50 12 51-2030	Commodo / Incommodo Primes (compost, économies d'énergie)
50 12 51-2032	Poubelles, taxes et enlèvement des ordures
50 12 51-2031	Taxes eau, nuits blanches
50 12 51-4500	Centre de recyclage

SERVICE FINANCES

50 12 51-2045 / 2046	Primes (construction / amélioration / restauration) Chiens (déclarations / taxes) - Impôt foncier

SERVICE RESSOURCES HUMAINES

50 12 51-2060	Personnel communal

SERVICE ENSEIGNEMENT

50 12 51-2051 / 2052	Enseignement fondamental
50 12 51-2055 / 2056	Maisons Relais

Médico-Socio-Scolaire (Fax. 26 50 83 50)

621 35 17 75	Volet social
621 35 17 76	Volet médical

SERVICE ECOLE DE MUSIQUE

50 12 51-5600	Secrétariat

Département de la Recette communale (Hôtel de Ville)

50 12 51-2040 / 2041	Paiements et encaissements
50 12 51-2042	Domiciliations

Département technique (Pétange, rue du Parc 1B)

SECRETARIAT

50 12 51-3042	Réclamations
50 12 51-3001	Accueil, primes de façade, enseignes, kermesses, marchés, assurances

RESPONSABLES DU SERVICE TECHNIQUE

50 12 51-3010	Chef de département—Bâtiments communaux, PAG
50 12 51-3011	Chef de département adjoint—Infrastructures

SERVICES PROJETS

50 12 51-3050	Bâtiments communaux
50 12 51-3053	Circulation / Eclairage public
50 12 51-3054	Canalisation et eau
50 12 51-3055	Contrôle chantiers

SERVICE DE REGIE

50 12 51-3040	Gestion des services de régie

SERVICE PATRIMOINE COMMUNAL

50 12 51-3030	Actes, compromis, conventions et baux

SERVICE AMENAGEMENT COMMUNAL

50 12 51-3022 / 3023	Autorisations de bâtir , certificats d'année de construction

SIGCOM & DESSINS TECHNIQUES

50 12 51-3060 / 3061	SIGCOM, dessins techniques

SECURITE

26 50 83 45	Travailleur désigné, délégué à la sécurité

Service Aides Sociales (Pétange, rue de la Chiers 1C)

OFFICE SOCIAL (Fax. 26 50 83 26)

heures d'ouverture:	Lundi et mercredi de 13.30 à 16.30 hrs Mardi, jeudi et vendredi de 8.30 à 11.30 hrs
26 50 83 25	Aides sociales

Ecoles fondamentales

50 12 51-5000	Ecole Pétange - Am Park
50 12 51-5100	Ecole Pétange - An Eigent
50 12 51-5200	Ecole Lamadelaine - Beim Tëtelbierg
50 12 51-5200	Ecole Lamadelaine - Gehren
50 12 51-5300	Ecole Rodange - Neiwiss
50 12 51-5400	Ecole Rodange - Am Paesch
50 12 51-5480	Ecole Rodange - Blobierg
50 12 51-5500	Ecole Rodange - Fonderie

Maisons Relais et Crèches

50 12 51-5700	Maison Relais Pétange « Villa Reebou »
50 12 51-5725	Maison Relais Lamadelaine « Bei den Tëtelbieren »
50 12 51-5750	Maison Relais Rodange « Dachse vun der Bich »
50 12 51-5775	Maison Relais Rodange
50 12 51-5800	Crèche Kordall
50 12 51-5850	Crèche Villa Bambi

Installations sportives et culturelles

50 12 51-7050	Piscine couverte Pétange
50 12 51-7300	PIKO- Piscine Rodange
50 12 51-7000	Centre sportif « Bim Diederich » Pétange
50 12 51-7200	Hall polyvalent Rodange
50 12 51-6000	Maison de la culture « A Rousen » Pétange
50 12 51-6150	WAX—Maison Rouge Pétange
50 12 51-6200	Centre de Loisirs Lamadelaine
50 12 51-6300	Centre Culturel Rodange

L'annuaire nominatif peut être consulté sur notre site internet.

Services d'urgence en dehors des heures d'ouverture

Repas sur Roues: 621 192 581
Réseau d'eau potable: 621 240 144
Décès (samedis, dimanches et jours fériés) : 621 256 835